
n°4 /2024



# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 3.6.2024

#
maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°4 / 2024 - Parution: août 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 4

**1. CORRESPONDANCE** 5

**2. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISOIRE 2024/2025 DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL** 5

**3. APPROBATION DU RÈGLEMENT D'ORDRE INTÉRIEUR COMPLÉMENTAIRE DE L'ÉCOLE DEICH** 25

**4. RÉSOLUTION POUR UNE RÉPARTITION PLUS DÉMOCRATIQUE DES MEMBRES DE LA COMMISSION SCOLAIRE SOUMISE PAR LES PARTIS DÉI LÉNK ET DP** 26

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre (quitte la réunion à 18.00 heures) ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp (quitte la réunion à 18.00 heures) ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.
**Délégations :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre, a conféré une procuration de vote à Monsieur Loris Spina, échevin, pour l'ensemble des points figurant à l'ordre du jour. Madame Françoise Kemp, conseillère communale, a conféré une procuration de vote à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, pour l'ensemble des points figurant à l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**
Monsieur le bourgmestre informe les conseillers communaux que 12'069 électeurs sont inscrits sur les listes électorales de la Ville de Dudelange pour les élections européennes du 9 juin prochain. 3'266 électeurs ont opté pour le vote par correspondance ce qui équivaut à un pourcentage de 27,06% du total.

**2 – Organisation scolaire provisoire 2024/2025 de l'enseignement fondamental**
Le conseil communal, approuve, avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2024/2025.

**3 – Règlement d'ordre intérieur complémentaire de l'école Deich**
A l'unanimité est approuvé le règlement d'ordre intérieur complémentaire de l'école Deich. La précision concerne principalement l'utilisation d'appareils électroniques dans l'école.

**4 – Résolution pour une répartition plus démocratique des membres de la commission scolaire soumise par les partis Déi Lénk et DP**
Les fractions politiques Déi Lénk et DP ont soumis une résolution à l'ordre du jour de la séance pour procéder à une nouvelle répartition des membres de la commission scolaire, à savoir un membre effectif à nommer par chaque parti représenté au conseil communal. Après discussion, les auteurs retirent la résolution. Le conseil communal marque, en revanche, son accord pour attribuer un jeton de présence aux observateurs des fractions politiques dans la commission scolaire.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.





# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 3. JUNI 2024

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleege vum Schäffen- a Gemengerot, ech begréissen ech alleguerte ganz häerzlech hei am Gemengerot, wou virun allem déi provisoresch Schoulorganisatioun um Ordre du jour ass, dat ass eise Plat de résistance. De Gemengerot a senger Kompositioun ass komplett. Ech wäert awer musse géint 18 Auer fortgoen, dofir ginn ech hei dem Loris Spina och d'Procuratioun, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit.

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann, ënnert Korrespondenz, do wollt ech hei dem Gemengerot nach follgend Informatioun ginn. Ech hat jo am leschte Gemengerot Iech d'Unzuel gi vun de Wielerinnen a Wieler, déi sech jo ageschriwwen hate fir d'Europawalen an do war d'Prozedur nach amgaange, wat am Fong de Vote par correspondance ugeet. Also, mir hu jo 12.069 Wielerinnen a Wieler fir d'Europawalen a mir hunn 3.266 Demandë kritt fir de Vote par correspondance. Dat sinn am Fong 27,06 Prozent vu Wielerinnen a Wieler, déi op de Vote par correspondance zeréckgegraff hunn.

Wann een dat vergläicht mat 2019, do louch deen Taux bei 18 Prozent. Also do mierkt ee ganz kloer, dass och duerch déi Demokratiséierung am Fong vum Vote par correspondance an och duerch déi Krittären, déi net méi esou streng sinn, fir drop kënnen zeréckzegräifen, dass och vill méi Leit drop zeréckgräifen, och wann se fir d'Walen hei am Land sinn. Dat ass nach d'Info, déi ech hei wollt ginn, fir komplett ze sinn ënnert Korrespondenz a Kommunikatioun. An da gi mer eriwwer op den nächste Punkt, ausser d'Kolleegen hei aus dem Schäfferot hätten nach eppes ze soen zu der Korrespondenz? Dat ass net de Fall, da gi mer eriwwer op d'Schoulorganisatioun.

## 2. APPROBATIOUN VUN DER PROVISORESCHER SCHOULORGANISATIOUN 2024/2025 FIR DEN ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt schwätze mir iwwer déi provisoresch Schoulorganisatioun an do begréissen ech hei an eiser Ronn, engersäits, de Regionaldirekter, de Joël Mischaux, dann de Responsabele vun eisem SEA, den Erni Hoffmann, an dann awer och vun eisem Service Enseignement, den Erni Ferrari an den Tom Michel a virop wëll ech awer och vun dëser Säit aus matdeelen, dass et dem Erni Ferrari seng leschte Schoulorganisatiounssitzung an deem Sënn wäert sinn.

An ech wëll him och vun dëser Plaz aus Merci soe fir säi laangjäregt Engagement am Service Enseignement an och beim Ausschaffe vun der Schoulorganisatioun an dofir si mer frou, dass hien haut awer nach dobäi ass, fir nach déi néideg Prezisiounen an Informatioune kënnen ze ginn am Laf vun dëser Gemengerotssitzung. Dëst gesot géif ech dann direkt d'Wuert weiderginn un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, eis Schoulschäffin, déi am Detail wäert op d'Schoul agoen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, ech géif dann op déi provisoresch Schoulorganisatioun agoen. Dir hutt, wéi gewinnt, jo d'Dokumenter virleien, d'Circulaire, d'Rapporte vun der Schoulkommissioun, mee och d'Ressort-scolairen an d'Propositiounen natierlech vun eise Schoulen. D'Schoulorganisatioun hu mer och an der Schoulkommissioun den 20. Mäerz virgestallt an de PEP, deen hu mer awer eréischt den 8. Mee an der Schoulkommissioun virgestallt. De Contingent, dee mer kruten, dee Mëtt Mäerz attribuéiert ginn ass, dat waren 3.854 Leçonen, dat sinn der fofzeg méi wéi am lafende Joer. Vum Mäerz 2024 hate mer eng Augmentatioun vu 25 Schüler par rapport zum Juni 2023. Den Encadrement de base pro Schüler, dee läit bei 1,75 an duerch den Indice social, dee jo ëmmer vum LISER virgi gëtt, kréie mer nach eng Kéier 0,2497 Leçone pro Schüler bäi. A fir d'Ëmsetzung vun de PDSe kréie mer och nach eng Kéier 2 Stonne pro Schoul, dat heescht 14 Leçone bei 7 Schoulen.

Fir den Appui, do waren et 374 Stonnen, déi mer kruten an d'Wildnispädagogik - an do wëll ech elo direkt am Virfeld scho Merci soen - krute mer 7 Stonne vun Appui, déi d'Schoulen eis direkt zur Verfügung gestallt hunn, fir dee Projet ze maachen. Derbäi kommen natierlech déi 138 Leçone fir de Cours d'accueil. Dat si 6 Posten, déi 23 fir d'Wildnispädagogik a mir hunn 144,5 Leçone vum IEBS. Dat ass praktesch een IEBS pro Schoul, sou datt mer op den Total jo komme vun 3.854 Leçonen an hors contingent krute mer nach eng Kéier 305,5 Leçonen.

D'Remplacementer, do hate mer bis elo Stonnen, déi stinn dës Kéier net méi dermat derbäi. Dat ass doweinst, well d'Direktioun, ab der Rentrée wäert hir Remplacementer iwwerhuelen, vu datt den Erni Ferrari eis jo dann a seng wuelverdéngte Pensioun verléisst. D'Verdeele vum Contingent, ech mengen, ech muss do de Presidenten a Presidentinnen awer och e grousse Merci soen an och de Comitéë vun de Schoulen, déi sech Mëtt Mäerz zesummegesat hunn, fir dee Contingent gutt equilibréiert ze verdeelen. Dat ass e Moment, wou et ganz schwiereg ass, fir dat gerecht opzedeelen, vu datt weeder d'Allongementer nach d'Departen oder nei ukommend Kanner mat derbäi sinn. Ech mengen, mir schwätzen hei vum Mäerz an d'Rentrée ass am September, do kann nach vill geschéien an do wäerte sécher och nach Ännerunge kommen. Natierlech muss ech soen, hei ass eng excellent Schoulorganisatioun op d'Bee gestallt ginn an ech géif elo kuerz dorobber agoen.

Ech fänken, wéi gewinnt, mam Precoce un. Am Precoce hate mer fir d'Rentrée 142 Inscriptioune vun 207 méiglechen, déi mer ugeschriwwen hunn, dat ass eng Augmentatioun vu 6,2 Prozent. Déi meeschte Kanner, an ech mengen, dat wësse mer heibannen alleguerten, déi sinn am Grupp E ageschriwwen, dat ass mat Maison Relais. Dat sinn der 92 am Grupp E a 50 Inscriptiounen am Grupp AB.

Bei der Maison Relais , ech wollt dat awer och hei ernimmen, mir kruten 101 Demandë fir d'Maison Relais , mir hunn der 87, déi mer direkt erageholl hunn a mir hunn 2 partiellement am Mee an de Moment sinn nach 12 Kanner op eiser Waardeleëscht, wou awer och nach Changementer wäerte komme bis d'Rentrée. Mir bidden an all Gebai, wou eng Precoceklass ass, natierlech och d'Maison Relais un, dat gëtt ëmmer méi wichteg. De Moment hu mer 8 Klassen a 6 Gebaier an dofir ass et och wichteg, datt mer hei d'Maison Relais da mat derbäi hunn am Gebai. Zum Cycle 1, do bleift alles onverännert, do bleiwen esou vill Klasse wéi et der waren, an et sinn 30 Stéck. D'Moyenne vun de Klassen ass 15,1. Dat eenzegt, wat ass, wat Dir gesitt an der Schoulorganisatioun, den C 1 verléiert un Appui-Stonnen.

De Cycle 2-4, do ginn d'Effektiver liicht erof. Mir maachen 2 Klasse méi. Dat sinn 89 Klassen am Ganzen, déi mer hunn, an dovunner, do gesäit een, am Cycle 2 kommen 2 Klasse bäi, am Cycle 3 kënnt eng Klass bäi an am Cycle 4 fält eng ewech. Dat heescht, mir hunn eng manner zu Butschebuerg, mir hunn eng méi am Brill, um Deich an an der Lenkeschléi, wou awer ëmmer méi Leit dohinner wunne kommen, dofir kréie mer elo schonn erëm eng Klass bäi. D'Moyenne vun de Klasse läit bei 15, déi war virdru bei 15,4 dëst Joer. Ech mengen, do gesäit een, dat geet liicht erof, dat ass awer normal. Zum Appui: Dee geet am C 1 liicht erof, am C 2-4 geet en erop an am Ganze verléiere mer am Fong 6 Leçonen. Ech muss awer soen, mir kréien awer 6 Leçone fir déi IEBS bäi, wat awer och ëmmer eng Persoun ass, déi ganz wichteg ass.

Zu den eenzele Schoulen, wëll ech och elo kuerz drop agoen. An der Schoul Butschebuerg, do ass eng Klass manner am C 2.1, well do si fir d'Rentrée eigentlech just nach 18 Kanner, dat waren der 25, do geet d'Schülerzuel liicht erof, dat ännert awer ëmmer vu Joer zu Joer. Den C4, do bleiwen 3 Klassen an si hunn och dofir optéiert, den Teamteacher ze halen, dee mer eigentlech d'lescht Joer bäigesat hunn. Zum Brill, do kënnt eng Klass am C 2.1 bäi an, och am C 3.2 bäi. Et gëtt just eng manner am C 4.2.

Um Ribeschpont bleift alles d'selwecht. Mir hunn am Fong do just awer eng Klass, wou mer vill héich Effektiver hunn, dat ass am Cycle 2.1, mee ech mengen, och do ka vläicht den Här Mischaux nach drop agoen. Mir wäerten eis awer do nach mam Schoulpresident gesinn, fir doriwwer ze schwätzen.

Schoul Deich, de Projet, ech schwätzen do bewosst vum Projet, ech mengen, dat ass eng Schoul, wou e Projet drop ass, dat ass de Projet Zesumme wuessen, d'Alphabetiséierung op Franséisch, do kann een elo net direkt de Bilan zéien, ech mengen, den Här Mischaux wäert do herno e puer Saache soen. Ech muss awer soen, datt elo de Moment 12 Kanner an den C.2.2 kommen, dat heescht, déi gi weider op Franséisch alphabetiséiert a mir hunn 12 Kanner, déi nei ageschriwwe sinn am C 2.1, dat kënnt doduerch, datt et am Fong eng Porte ouverte war, an d'Elteren sech ganz gutt informéierte konnten. All déi néideg Saachen, déi se wollte wëssen, kruten se do och gesot an duerfir ass dat awer trotzdeem, fannen ech, eppes, wat ganz gutt ass, datt do direkt 12 Kanner erëm bäikommen.

Éischt provisoresch Resultater, déi wäerte mer vläicht herno deelweis hei kréien, déi kommen am Laf vum Joer 2024 an d'Conclusiounen, sou wéi et an der Circulaire steet vum Ministère. Conclusiounen, wéi geet et weider mam Projet? Déi wäerte fir d'Rentrée 2026-2027 kommen. Dat nach kuerz zum Deich, wat ee ka soen, do kënnt fir d'Rentrée eng Klass am Cycle 3 bäi.

Lenkeschléi. Bon, d'Lenkeschléi ass, wéi soll ech soen, dat ass e Quartier, deen extreem wiisst. Dat ass net nëmmen, datt mer am Ufank konnten nach Klassen a Kanner aus den Niewestroossen oder den Niewequartiere bäihuelen, do si mer elo am Fong an der Situatioun, datt et elo schonn déi zweet Klass ass, déi bäikënnt a mir hunn eréischt 2021 opgemaach. Dir gesitt et, am C2 eleng si mer vun 18 op 25 Kanner eropgaangen. Ech mengen, dat ass enorm vill. Dofir maache mer elo do 2 Klassen, fir datt méi d'Kanner nach weider kënnen all dohinner kommen. Zum Projet Lenkeschléi, an ech mengen, dat kann ech och hei uschwätzen, mir haten dat virgestallt kritt an der Schoulkommissioun

vum Februar. Ech wëll do einfach och de Presidenten, awer och de Responsabele vun der Maison Relais Merci soen, fir datt dee Projet Lenkeschléi - deen elo zwar 4 Joer an sech en place ass an awer keng 4 Joer duerch de Covid, hu mer 2 Joer verluer. Ech mengen, et ass awer trotzdeem eng ganz flott Presentatioun, déi si eis hei gemaach hunn. Si hunn och beim Bilan, dee mer eigentlech presentéiert elo kruten, net nëmmen d'Enseignanten oder d'Educateure mat agebonnen, mee si hunn och d'Elteren an d'Kanner mat agebonnen. An ech mengen, och dat ass eppes, wat ganz wichteg ass.

Et si Saachen, déi lafe gutt, mir kruten do d'Erklärung, et sinn awer och Saachen, déi lafen net esou gutt. Mee wéi gesot, d'Lenkeschléi ass awer eppes, dat Zukunft soll hunn. Ech mengen, datt all eis Schoulen an déi Richtung solle schaffen. Et ass natierlech méi einfach bei engem neie Gebai, wéi wann ee schonn en place ass an da muss Saachen änneren. Ech wëll do awer nach hei vu menger Säit eise grousse Merci soen un déi zwou Direktiounen, awer och un d'Personal insgesamt, dass dat ëmmer ënnerstëtzt gëtt.

Zur Schoul Gaffelt, do gesitt Dir, do kënnt am Cycle 2.1 eng Klass bäi. Si hunn dës Decisioun geholl, well héich Effektiver an der Gaffelt, an engem éischte Schouljoer, dat ass ëmmer ganz schwiereg, dofir hunn si déi Klass gedeelt an si fänken da mat 12 Kanner un, soss sinn et der 18. Ech mengen, datt dat eng gutt Decisioun ass. Zur Gaffelt wëll ech awer och nach hei vun dëser Plaz aus soen, ech soen e grousse Merci fir déi Zesummenaarbecht un deen Aarbechtsgrupp, deen do entstanen ass, fir e bëssen d'Opdeelung vun de Raimlechkeeten an och d'Zesummenaarbecht ze verbesseren. Och dat ass eppes, wat luewenswäert ass, well dat huet si vill Zäit kascht. Si hunn do vill gemeinsam Projeten ausgeschafft an dofir och do vu menger Säit aus erëm e grousse Merci. D'Schoul Strutzbierg bleift onverännert do kënnt zwar just am Cycle 2.1 eng Klass bäi, mee fir de Rescht bleift et um Strutzbierg eigentlech d'selwecht.

Dann zur Projet Wildnispädagogik: Ech hunn et scho gesot, mir hunn do 23 Stonnen zougesprach kritt an d'Presidenten hunn eis 7 Stonne vum Appui direkt zur Verfügung, sou datt mer dat kënne viruféieren. Mir kruten och dat virgestallt an der Schoulkommissioun, an dat war den 8. Mee 2024, an ech mengen, do muss ech éierlech soen, dat ass absolut sensationell, wat do geschitt. Do gi mëttlerweil och Stagë gemaach, do kënnen d'Leit Stagë maachen, mee och d'Formatioune fir d'educatiivt Personal gi mëttlerweil do gemaach. Dat ass wierklech e Projet, deen derwäert ass. Merci vläicht awer och nach eng Kéier dofir, datt d'Gemeng eis eng Camionnette zur Verfügung stellt fir do och ausserhalb Aktivitéiten ze maachen. Aus dem Projet Wildnispädagogik hunn si eis och e puer Donnéeë ginn, do ware 50 Klassen d'lescht Joer, déi do konnten en Dag verbréngen. Déi Kanner, déi profitéiere wierklech dovun. A wann ech bedenken, wéi mer ugefaangen hunn, hate mer 11 Klassen dat éischt Joer, elo si mer op 50, da gesäit een, datt dat e grousse Succès ass an natierlech freeë mer eis fir d'nächst Joer d'Blockhütt do däerfen anzeweien. Well ech mengen, och dat ass eppes, wat ganz wichteg ass.

De Projet PLK, do ginn ech elo net wäit drop an. Ech mengen, dat ass eeben e Projet, dee leeft, deen och schonn e puer Joer hanneru sech huet. Do ass et awer och e grousse Merci soen deene Leit, déi hei vill Zäit an dee Projet investéiert hunn, an déi meescht Schoulen eigentlech och domadder schaffen. D'Maison Relais éischter net, well dat en aneren Optrag ass bei eis an der Maison Relais, mee och do nach e Merci.

Da komm ech zum PEP. Ech mengen, och dat ass e grousse Bestanddeel oder e feste Bestanddeel vun der Schoulorganisatioun, ob dat elo de Volet Pädagogik oder och de Volet Organisatioun ass. Och hei ee grousse Merci un d'Direktioun, awer och u mëttlerweil 234 Leit, déi fir eis schaffen. Och dat wëll ech einfach eng Kéier hei soen. Mir hunn de Rapport den 8. Februar 2024 virgestallt kritt an deen zweete Volet, de PEP, huet den Erni Hoffmann eis an der Schoulkommissioun den 8. Mee presentéiert. Ech wëll am Fong just do e puer Zuelen nennen. De Moment hu mer 1.387 Inscriptiounen, dat sinn 10 Prozent méi wéi dat Joer virdrun. Mir hunn och awer eng Liste d'attente vun 111 Kanner.

An der Mëttesstonn, dat ass e bëssen dat, wat méi kompliźeiert ass, vu datt mer net iwwerall Plaze genuch hunn an ëmmer erëm probéieren, wéi elo an der Gaffelt, dat hat ech d'lescht Kéier gesot, do kréie mer vill Plaze bäi, dat hëlleft eis ganz vill, do féiere mer d'Kanner hin an hier. Mir hoffen elo, wann d'Gaffelt da méi Plaze kritt, wou de Ministère eis dann hoffentlech dat accordéiert, da wäerte mer d'Kanner net méi sou vill missen hin- an hierféieren. Wichteg, an dat, mengen ech, ass och eppes, wat een elo iwwerall mëttlerweil huet, dat sinn déi Zesummenaarbechten, sief dat um Niveau vun der Direktioun, sief dat an de Schoulen, sief dat iwwerhaapt allgemeng och mam Jugendhaus, mat allméiglecher Leit, ech mengen, och dat ass ëmmer eppes, wat ganz wichteg ass.

D'Maison Relais, dat heescht awer net nëmmen d'Betreiung vun de Kanner, dat heescht, mir hu jo och Handlungsfelder, wou mer ganz vill Aktivitéite musse maachen oder och eis Maison Relais esou ausstatten, datt mer all déi Handlungsfelder och kënnen noweisen, déi mer do maachen an déi vill Aktivitéiten, Zesummenaarbechten, wéi ech gesot hunn, Museksschoul, LASEP och nach, dat ass eppes, wat ëmmer méi wichteg gëtt. Eis Responsable pédagogique, déi huet ganz vill ze dinn, déi ass ganz vill ënnerwee, déi muss ganz vill Saachen ëmmer erëm opschaffen an och eis Responsable à l'inclusion, och där Persoun e grousse Merci, och der Responsabeler Persoun aus dem Service administratif, natierlech och dem Erni Hoffmann. Ech mengen, ouni hien ... hie geréiert dat Ganzt ganz gutt an duerfir och do e grousse Merci. Enorm vill Aarbecht, an de Maison Relaisen zielt net d'Quantitéit, mee d'Qualitéit, ech mengen, dat gëtt ëmmer méi wichteg, doriwwer si mer eis, mengen ech, och hei ganz eens.

De PEP, méi am Detail wäert ech deen elo hei net presentéieren, ech mengen, dat géif de Kader sprengen, mee am Oktober bei der definitiver Schoulorganisatioun, wäerte mer Iech am Detail och méi vum Pap schwätzen.
E lescht Wuert, dat ass natierlech och eppes, wat

ganz wichteg ass, dat ass d'Médecine scolaire. Net all Gemeng huet eng Médecine scolaire, si leescht extreem vill Aarbecht. Och do krute mer de Rapport an der Schoulkommissioun virgestallt. Si hunn an deene leschte Joren extreem vill Aarbecht bäikritt, mee si leeschten awer och immens vill Aarbecht, net nëmme wat d'Gesondheet vun de Kanner ugeet, mee och wat soss alles dorënner fält.

An ech wëll einfach e puer Zuelen nennen. D'lescht Joer haten se fir den Examen de médecine générale 1.118 Kanner, déi se gesinn hunn, si hunn a 44 Klassen Héiertester gemaach, si hu bei 1.303 Kanner en Examen médical dentaire gemaach, 288 Kanner kruten den Ishihara-Test, fir ze kucken ob se faarweblann sinn, 48 PAle goufen ausgeschafft an d'Prise en charge vu Famillje mat Schwieregkeeten, och dat gehéiert zu hiren Aufgaben. Si maachen awer och eng Education à la santé, si maachen de Wibbel, si maache Yoga, si maache Vëlosaktivitéiten, dat wäert dem Här Steffen ganz gutt gefalen. Si maachen awer och Klangpädagogik an ech mengen, och do vu menger Säit aus e grousse Merci un déi Aarbecht, déi si leeschten.

Da wëll ech elo, éier ech schléissen, awer och der Direktioun, deenen zwou Direktiounen e grousse Merci soen, datt si ëmmer u menger Säit stinn a mer ganz oft hëllefen. Merci awer, an ech mengen de Buergermeeschter huet et scho gesot, dem Erni Ferrari, deen elo jorelaang mäi Wegbegleiter war, ech wäert den Ern vermëssen, wann hien net méi do ass. Hien huet wierklech vill geschafft, hie war ëmmer do an hie wousst och ëmmer eng Äntwert op alles, wat komm ass. An dem Tom Michel, deem wënschen ech bonne chance, ech hunn ëmmer vill Froen, Merci och, datt hien elo hei derbäi ass an dofir, wéi gesot, ech géif schléisse mat engem Merci un all d'Intervenanten, déi hei matschaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries, fir déi dote Presentatioun an och deen Abléck an d'Schoulorganisatioun an elo ass et un deene verschiddene Fraktiounen, fir Stellung ze huelen. Et muss ëmmer een ufänken. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER – CSV): Merci fir d'Wuert. Merci, Josiane Di Bartolomeo, fir déi Explikatiounen am Schnellduerchgang. Mee et ass, wéi s de sees, mir wëssen, am Fong, déi meescht vun eis sinn an der Schoulkommissioun, bezéiungsweis informéieren hir Leit aus de Fraktiounen iwwer dat, wat an der Schoul leeft. An dofir ass dat och, fannen ech, ganz gutt, dass mer do elo net méi an den Detail ginn.

Erlaabt mir och als éischt mol eisem Erni Merci ze soen: Erni Ferrari, villmools Merci. Och zënter ech hei sëtzen, ech hunn och vill Froen ëmmer gehat a vill Explikatioune vun Dir kritt an Du hues och heiansdo, wann et e bësse méi haart hiergaangen ass, ëmmer d'Wogen geglättet, dat méchs Du ganz gutt an denger bedächteger, reflektéierter Aart a mat Akribie a Genauegkeet hues Du Deng Aarbecht gemaach. Villmools Merci, grousse Respekt, an ech denken, flott ass et virun allem och warscheinlech fir Dech, dass Du elo net méi moies um siwen Auer scho vun Telefonen a Mailen erschloe gëss, well mir hate jo nach d'Chance, dass Du den Organisateur ëmmer waars vun de Remplaçanten an de Schoulen. An dat war eng verantwortungsvoll Aarbecht an awer och eng belaaschtend Aarbecht, well et ass net jiddwereen, deen an der Gemeng schafft oder fir de Gemenge-Service schafft, dee scho moies ëm siwen Auer prett ass, fir déi Saachen en charge ze huelen. Genéiss Deng Pensioun, Deng wuelverdéngte Pensioun an - wéi gesot - am Numm vun der CSV vill, vill, villmools Merci fir Däin Engagement an natierlech och dem Tom Michel bonne chance an der Kontinuitéit vun dëser flotter Zesummenaarbecht. D'Josiane huet gesot, och an der Schoulkommissioun war och ëmmer e ganz flotten Echange méiglech. Voilà.

Da kommen ech och zur Schoulorganisatioun oder zu der provisorescher Schoulorganisatioun. Et ass ewéi d'Josiane gesot huet, et kommen nach vill Inconnuen, sinn nach do. Et ass jo e bësse komesch, dass mer mussen elo schonn iwwer d'Schoulorganisatioun schwätzen. Ech mengen, dat ass och eppes, wat d'Schoulen allgemeng monéieren, well se am Fong nach e bëssen am Flou sinn, well se net wëssen, wat geschitt a wéi vill Rallongementer kréie mer a wéi vill Kanner kommen nach bäi, mee et ass nun eemol sou an dofir soen ech och e grousse Merci eise Presidente vun eise siwe Schoulen.

Virun allem awer och e ganz grousse Merci deene Presidenten, déi ab dem 15. Juli vläicht net méi President sinn, well et ware jo elo schonn Decisiounen, déi a verschidde Schuele geholl gi sinn, mee eise Presidenten ass et ze verdanken, an d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet et och scho gesot, dass eis Schoulorganisatioun zu Diddeleng relativ reiwungslos ofleeft. D'Presidente setzen sech zesummen a kucken all Joer, wéi mer mam Diddelenger Contingent, dat heescht mat de Stonnen, déi deenen Diddelenger Schüler zur Verfügung stinn, wéi mer dee Contingent zesumme kënnen optimal fir eis eenzel Schoulen opdeelen. Do gëtt awer mol hin an hier gefeilscht, zum Beispill mir maache gären eng zousätzlech Klass op, majo da loosse mer kucken, wou mer vläit e puer Appui-Stonne kënne spendéieren, fir dat méiglech ze maachen.

Virdrun ass nach gesot ginn, och de Projet Wildnispädagogik, dat geet och duerch d'Spendéiere vun e puer Appui-Stonnen, déi all Schoul zur Verfügung stellt, well eeben och all Schoul hannert deem Projet steet, ass dat méiglech a wéi gesot, dat geet nëmmen am Dialog an dat leeft nach laang net an all Gemeng esou reiwungslos of ewéi hei. Ech mengen, do kéint de Joël Mischaux eis Geschichten erzielen, mee dat mécht hien awer net, mee wéi gesot, esou gutt wéi hei zu Diddeleng leeft et net iwwerall of. Dofir nach emol e ganz grousse Merci alle Presidenten. An deenen Neie wënsche mer och eng glécklech Hand, dass se an hire Schoule gutt supportéiert ginn a vill Freed an hirer neier Tâche fannen.

Nieft de Presidente soe mer natierlech als CSV och allen Intervenanten an eise Schoulen e grousse Merci fir hiren alldeeglechen Asaz fir eis Schüler. Den Job vum

Enseignant ass net méi einfach ginn, vill Asaz, Kraaft, Empathie a Léift zu de Kanner ass verlaangt, fir all eenzelt Kand do ewechzehuelen, wou et mat sengen emotionalen a kognitive Fäegkeeten de 15. September do steet, an et bis de 15. Juli no senge Kompetenzen a sengen individuellen Talenter sou wäit méi wéi méiglech no vir ze bréngen, et all Dag ze motivéieren, ze förderen, awer och emol ze tréischten, seng Frustratioun opzefänken, dat ass en alldeeglechen Challenge. Do geet et net duer, d'Einmaleins ze léieren, d'Alphabet, d'Grammär an de Gebrauch vum IPad.

Merci eisen Enseignanten, déi haut mat vill Häerz a Verstand hiren Job mat enorm vill Facette gären a gutt maachen. Dass eis Leit hei sech zu Diddeleng wuel spiere, gesäit een, well am Corps enseignant ass wéineg Fluktuatioun, déi meescht sinn nom Motto „eemol Diddeleng, ëmmer Diddeleng", fest hei am Suedel. Dës Kontinuitéit kënnt der Ambiance an der Schoul zegutt a kënnt och am Endeffekt de Kanner zegutt. De klenge Kanner kënnt virun allem och zegutt, wann se an eis Precoce-Klasse ginn. D'Josiane Di Bartolomeo huet et grad gesot. Mir hunn e Succès vun iwwer 60 Prozent vun de Kanner, déi kéinten an de Precoce goen, déi bei eis an de Precoce ginn, all Joer komme Kanner bäi, plus 6,2 Prozent, dat ass eppes, wat eis immens erfreet, well de Precoce ass einfach eng wichteg Statioun an der Entwécklung vun der Sprooch.

Virun allem am Klengkanneralter ass d'Entwéckelung vun der Sprooch ganz wichteg an d'Festhalen um Lëtzebuergeschen an eise Precoce-Klassen ass einfach immens wichteg, well mer einfach vill Kanner hunn, déi doheem kee Lëtzebuergesch héieren an déi an enger frankofoner Crèche waren. Do muss een derzou soen, dass all eis privat Crèchen, awer wierklech all eis privat Crèchen éischter Franséisch schwätzen oder d'Kanner gi versuergt bei Dagesmammen, oft lusophon Dagesmammen, déi och der lëtzebuergescher Sprooch net esou mächteg sinn.

Ech betounen och nach extra, an eisen dräi kommunale Crèchen, do gëtt exklusiv Lëtzebuergesch geschwat an dat ass och extreem wichteg. Dofir si mer och frou, dass de Schäfferot och op de Wee geet, de Projet vu weidere kommunale Crèchen hei zu Diddeleng auszebauen. Firwat solle mer op d'Lëtzebuergescht pochen? Ma well d'Alphabetisatioun op Däitsch nach majoritär an den nächste Joren am Fondamental virgesinn ass a well Lëtzebuergescht d'Langue véhiculaire an eisem Land ass a soll och sou bleiwen. Alphabétisation en français, jo, dat ass e flotte Projet, dee bei eis leeft. Mir hunn elo déi zweet Klass, wéi mer héieren hunn, déi ufänkt am 1. Schouljoer souzesoen, déi éischt 12 Kanner ginn an d'2. Schouljoer. Et ass e Pilotprojet um Deich, ënner anerem, do si jo nach aner Gemengen an aner Schoulen, déi matmaachen.

An, wat flott ass, an der Schoulkommissioun krute mer ëmmer de Feedback, wéi dat leeft an dëst Joer leeft de Projet weider. Eng Evaluatioun - ech hat mer d'Fro gestallt, wéini déi da wär, ech hunn elo grad gesot kritt, dass dat am Laf vun 2024 ass an eng Conclusioun, a wéi et da weider soll goen, dat kënnt 2026-2027.
Sécher ass et net falsch, ze iwwerleeën, ob een, vu eis multilingual, multikulturell Populatioun am Land, an natierlech virun allem och hei zu Diddeleng, ob een net méi flächendeckend de Parallelismus, Alphabetisatioun op Däitsch oder op Franséisch soll ubidden. Jo, mee mat dem Lëtzebuergeschen als Langue véhiculaire. Dat ass op jidde Fall e Wonsch, mengen ech, vun deene meeschte Leit an och vun den Enseignanten, an ech denken, dat ass eng Affaire à suivre, dat ass eng politesch Decisioun, déi soll geholl ginn, mee wéi gesot, wichteg ass einfach, Conclusiounen ze zéien an dann no vir ze kucken, wéi mer weidermaachen.

Zu Diddeleng stellt sech eventuell d'Fro - mir haten dat och schonn an der Schoulkommissioun erwäänt - falls zum Beispill e Kand aus der Alphabetisatiounsklass géif an en anere Quartier plënneren. Däerfe mer dann zum Beispill awer eng Ausnam maachen an dem Wonsch vun den Elteren, wann deen da besteet, gerecht ginn, an dat Kand zum Beispill weider awer op den Deich a seng franséisch Alphabetisatiounsklass goen ze loossen? Dat ass eng Fro, wou mer eis och musse vläicht eng Kéier Gedanke maachen, wéi mer dat gesinn oder cas par cas. D'Sprooch däerf keen Hindernis si bei der Evaluatioun vun de Kompetenzen a bei der Orientéierung an de Secondaire.

Meng Fro: Hu mer verlässlech Zuelen, ob eis dach relativ vill Kanner, déi am Cycle 2-4 e Rallongement kréien, dat heescht, e Joer méi laang am zweeten oder véierte Schouljoer bleiwen, ob déi virun allem wéinst Sproocheproblemer am Däitschen zum Beispill d'Joer net packen oder sinn et éischter allgemeng Léierproblemer oder Verhalensopfällegkeeten, déi e Rallongement verlaangen? Dat ass vläit och eppes, wat interessant ka sinn, wann een herno an d'Diskussioun erageet, wéi mer solle virumaachen, wéi mer de Fondamental solle weider organiséieren, ob däitsch oder franséisch Alphabetisatioun. D'Fro ass, hätten dës Kanner vläit méi Chance wann se hei d'Alphabetisatioun op Franséisch kéinte matmaachen? Wéi gesäit et aus bei der Orientéierung an de Secondaire?

Spillt och hei e Mangel u Sproochekompetenzen nach ëmmer, zemools am Däitschen, mat? Vläit mol interessant, emol hei zu Diddeleng eng Enquête ze maachen, wat, wéi dat hei bei eis leeft a wéi eis Schoulmeeschteren dat gesinn. D'Fro ass jo och, hunn déi international ëffentlech Schoule méi en héije Prozentsaz, deen an de Classique orientéiert gëtt, wéi déi klassesch ëffentlech lëtzebuergesch Schoulen, wéi gesot mat der Alphabetisatioun op Däitsch? Sécher Froen, déi och an deene ganzen Evaluatioune wäerten zur Sprooch kommen. Voilà.

D'Schoulorganisatioun, dat heescht awer och d'Schoulgebaier. An ech mengen, ech erlabe mer awer och do e puer Wierder dozou ze soen. Wäit fortgeschratt ass jo d'Planung och vun der Schoul Baltzeng mat der Maison Relais. E Konzept wéi op Lenkeschléi ass ugeduecht, mee an engem informelle Gemengerot gouf eis awer matgedeelt, dass mer d'Zuel vun de Schüler vun 325 Kanner, wéi et am Ufanksprojet virgesi war, op 240 Kanner erofsetzen. D'Ursaache si ganz verschiddener. De Gabarit vun der Schoul wier ze grouss, d'Schoul passt dann net méi an de Wunnquartier, d'Schoul ass

esou grouss ginn, dass se dann ze no bei d'Nopeschhaiser kënnt an esou weider. Sécher ass de Prinzip vun der Biergerbedeelegung am Austausch mat de Leit aus dem Quartier gutt a wichteg, mee mir bauen hei e Gebai fir 240 Kanner, Schoul a Betreiung, fir 40 Milliounen Euro.

Precoce, Cycle 1-4, ouni Produktiounskichen, 15 funktionell Säll, en Hall sportif just fir Schüler, 40 Milliounen Euro, dat ass deier, dat ass richteg deier. Mee nieft dem Käschtepunkt stellt sech awer och d'Fro, wou ginn déi aner 85 Kanner dann hin, déi elo net fir Baltzeng berücksichtegt ginn? Schoul Ribeschpont, ass do en Ausbau geplangt? De Brill, deen ass voll. Wéi maache mer weider? Virun allem, wéi e Konzept gi mer eis, wéi e Konzept hu mer? An eisem Budget sinn 1,7 Milliounen Euro fir 2024 virgesi fir d'Etüd ronderëm d'Schoul Balzeng. Do kréie mer och ëmmer reegelméisseg Informatioune, do krute mer och an engem informelle Gemengerot de Stand der Dinge erkläert. Da sinn 100.000 Euro Etüde virgesi fir d'Maison Relais Butschebuerg. Wat ass do ugeduecht? Dann ass e Montant vun 100.000 Euro ageschriwwe fir d'Etüd Complexe scolaire op Neischmelz an 100.000 Euro - an dat ass dee wichtegste Posten – fir Etudes pour le développement de la stratégie des sites scolaires.

Ech erënneren drun, dass mer 2019 zesumme mat enger externer Berodungsfirma e ganz flott Concept global Dudelange 2020-2025 Sport et éducation virgestallt kritt hunn. Elo wär et un der Zäit, och esou e Konzept auszeschaffen 2025 bis 2030. A wéi eng Richtung gi mer? Wéi ass de Ranking, wéi eng Schoul muss prioritär ausgebaut ginn, ëmgebaut ginn oder gebaut ginn? Wéi ass d'Stadentwécklung, wéi sinn d'Investissementer ze kucken, fir eebe Schoulen a Maison Relaisen an deene verschiddene Quartieren opzestellen? Dat wär eng wichteg Saach an eng transparent Planung vun den Invester an eis Schoulen ass noutwendeg. Dofir eisen Appell, vläicht un de Schäfferot, schnellst méiglechst vläit esou e Konzept nees opzestellen, ausschaffen ze loossen an eis och ze informéieren.

Baltzeng geet dee selwechte Wee wéi Lenkeschléi, eng enk Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an der Maison Relais. Ech mengen, wann een elo kuckt, mir hunn hei iwwer d'Organisatioun vun der Schoul geschwat, mee zu Diddeleng leeft dat net ouni och iwwer d'Maison Relais ze schwätzen. An dat ass jo och gutt esou, well et ass jo esou, dass ëmmer méi Kanner an de Schoulen och eis Betreiungsoffer brauchen. Am Precoce gesäit een dat ganz gutt, d'Josiane Di Bartolomeo huet et nach gesot, eis Aschreiwunge sinn däitlech an d'Luucht gaangen, wéi mer eis Betreiungsplazen an Offere konnten eropschrauwen. Dat ass wichteg fir d'Familljen, dat ass gutt, mee et ass awer och immens wichteg, dass mer mol ein Innehalten an den Tag legen, wéi ech dat ëmmer esou léif nennen, well eeben eng grouss Majoritéit vun eise Kanner de ganzen Dag un engem Stéck an engem Gebai respektiv op engem Areal sëtzen. Do musse mer eis mol eng Kéier d'Fro stellen, ob mir dat wéilten. Ech mengen net.

Mir als Diddelenger Gemeng ginn op de Wee an de kommunale Service SEA, Kantin, Betreiung a Kéi, fir dee selwer ze geréieren. Mir engagéieren, vill Leit, vill Encadranten, 180 hunn ech gelies gehat, Educateuren a Betreier an de Maison Relaisen, an eng Kéier 52 an de Crèchen, dat mécht zesummen effektiv 30 Prozent vun eisem Personal vun der Gemeng. Dat ass net näischt, dat ass e groussen Invest. Mir kréien och do Virgaben, wéi eng Formatiounen eis Leit mussen hunn, dat kréie mer vum Ministère gesot, mir kréien och eng Ënnerstëtzung deelweis, awer, wéi gesot, den Haaptinvest läit op eise Schëlleren. Jo, mir investéiere vill Suen an d'Gebai, an d'Personal, an d'Material, mee et ass awer, wéi gesot, och mol wichteg, dass mer eis mol eng Kéier a Rou iwwerleeën, wat maache mer fir d'Wuelbefanne vun eise Kanner, fir déi an de Vierdergrond ze stellen? Jo, mir hu flott Projeten, mat hei a mat do, mam Service national de la jeunesse, mat der Museksschoul, an an, an, mee ech mengen, wat brauchen eis Kanner? D'Kanner mussen och Réckzugsraim hunn, se musse Raim hu fir ze raschten, et solle méi kleng Gruppe geschaf ginn, et soll ee Referent fir all Grupp fest virgesi sinn, wat sécher vu d'Fluktuatioun vun eisem Personal net einfach ass.

Mir als CSV, mir haten och d'Propos gemaach, all Kand soll 20 Deeg Congé an der Maison Relais kréien. Dat kënnt net einfach esou, mee dat kënnt einfach dohier, dass et vill Kanner ginn, déi awer oft de ganzen Dag an enger Maison Relais, an enger Betreiungsstruktur an an der Schoul sinn, deelweis och an de Vakanzen. D'Aschreiwungen, hu mer héieren, déi ginn all Joer an d'Luucht, fir an eise Maison Relaisen d'Kanner ze betreien. D'Fro ass, ob d'Gratuitéit vun der Offer, ob dat och un de Succès gekoppelt ass? Wéi gesi mir dat? Wéi gesinn dat déi aner Gemengen, wéi si mer do am Echange? Wann et näischt kascht, dann denken d'Leit, jo da komm, ech gi mäi Kand an d'Kantin, da brauch ech déi Zäit net ze kache fir et. Dann ass natierlech och d'Fro mat den Abusen. Jo, et ginn Abusen. Et ginn Elteren, déi am volle Congé parental doheem sinn, mat hirem klenge Puppelchen, an déi eelst, déi ginn awer weider an d'Maison Relais vu moies bis owes, deelweis och an de Vakanzen. Hu mir do eng Handhab? Wéi gesäit de Ministère dat? Wéi gesitt Dir d'Méiglechkeet och zum Beispill, dass mer eis Waardelëschte fir d'Maison Relaisen e bësse kënne limitéieren?

Ee Problem ass zum Beispill, dass vill Elteren am Enseignement täteg sinn, déi oft en hallwen Dag oder en Dag fräi hunn, mee awer dat eréischt am September gewuer ginn, sech dofir och nach net kënnen organiséieren. Dann ass et oft esou, dass se d'Kand de ganzen Dag umellen an dann am September soen, nee, ech kommen dann awer net. Wéi sinn do eis Erfarungen? Wéi liberéieren sech dann eeben zum Beispill, grad well mer vill Enseignanten awer hunn, déi hir Kanner an d'Maison Relais musse ginn iwwer Mëtteg, wéi liberéieren sech do erfarungsgeméiss d'Plagen, wann d'Schoulpersonal esouwuel am Secondaire wéi am Primaire hir Horairen huet. E ganzen Dag an engem Gebai. Mir Erwuessener fannen dat och net erstriewenswäert, mee eis klengste Kanner mussen dat awer matmaachen. Munchmol sinn se esouguer de ganzen Dag an engem Sall.

Ech schwätze vun den ongesonde Situatioune vum Pre-

coce Strutzbierg a vun der Spillschoul Wolkeschdall. Um Strutzbierg ass eng Precoce-Klass ganz eleng am Maison Relais-Gebai. Dee selwechte Sall gëtt dann nomëttes ëmfonctionéiert an e Maison Relais-SEA-Sall. D'Kanner hu moies aner Reegelen am Schoulsall wéi nomëttes am selwechte Sall, wann d'SEA-Reegele gëllen. Dat ass net optimal fir esou kleng Kanner. An et ass och net optimal, dass déi Precoce-Klass ganz eleng am Gebai ass. Virun een, zwee Joer gouf vum President scho gefrot, fir wéinstens en zweete Sall och opzemaachen, fir eng Precoce oder eng Spillschoulsklass eranzehuelen. Et huet geheescht, den Agrement gëtt dat net hier. Ganz onverständlech an onlogesch ass dat awer an eisen Aen, well, loosse mer elo mol d'Situatioun an der Spillschoul Wolkeschdall kucken. Dat ass wéi gesot eng Spillschoul mat zwee Klassesäll an engem Hall. Viru Joren huet et geheescht, kommt mir bidden de Kanner eng Kantinsméiglechkeet an hirem Gebai am Wolkeschdall an der Spillschoul un, da brauchen se net hin- an hiergefouert ze ginn.

Schéin a gutt, mee mëttlerweil ass och no der Schoul d'Maison Relais  an der Spillschoul. Ee vun zwee Klassesäll ass dann en Openthaltsraum fir d'Maison Relais, och hei zweeërlee Reegelen, moies wéi mëttes. Moies gëllen d'Reegele vun der Spillschoul a mëttes déi vum SEA. Dat ass virun allem fir esou ganz kleng Kanner net einfach an och fir d'Léierpersonal net einfach, zemools well et och schonn am September ufänkt, dass de Wolkeschdall-SEA op ass an d'Schoul awer eréischt de 15. September opgeet, da kënnt d'Joffer eran an dee selwechte Sall mat ganz neie Reegelen, wat net glécklech ass. Ech betounen, dass eng extreem gutt Entente ass tëschent Personal vun der Schoul an der Maison Relais, an dat ass net d'Fro, an déi setzen sech zesummen an déi kucken och fir de Problem ze léisen, mee, wéi gesot, dat ass awer net glécklech.

Mir kruten och an der leschter Schoulkommissiounssitzung dunn op eis Fro vun der CSV gesot, dass effektiv e Problem mam Agrement fir de Wolkeschdall weider als SEA-Site unerkannt ze kréie besteet. Elo solle kuerz mëttelfristeg Adaptatioune gemaach ginn, fir Enn Juni awer den Agrement ze kréien. D'Fro ass natierlech, wéi konnt et esou wäit kommen? Hu mer ze vill Kanner um Site vum SEA opgeholl? Wéi konnt iwwerhaapt den Agrement an enger Schoul ausgesprach ginn an um Strutzbierg geet et den ëmgedréinte Wee awer net?
D'Argument, d'Kanner brauchen net hin- an hier gefouert ze ginn am Wolkeschdall, dat stëmmt och nëmmen hallef, well den Accueil matinal oder och d'Ofhuele vun de Kanner aus der Wolkeschdaller Spillschoul, dee geschitt awer nach am Precoce Lenkeschléi-Brill, e puer honnert Meter de Bierg erop mussen déi kleng Männercher dann awer erop kraxelen, virun allem owes wäert dat se och net schrecklech begeeschteren.

Wéi ass et och mam Agrement an der Gaffelt, mir hu gesot, do ass, sinn d'Käpp och zesummegestreckt ginn, fir Adaptatiounen ze maachen, du huet et och geheescht, den Agrement ass nach am Suspens, do wollt ech och nach eng Kéier nofroen, wéi dat geet? Voilà.
Wéi kënne mer elo d'Situatioun am Wolkeschdall verbesseren? Eng Propos ass, dass d'Schoulbibliothéik soll am Wolkeschdall wäichen, fir Plaz fir de SEA ze maachen. Dat fanne mir net gutt. Sproochentwécklung, Liesen, Virliesen, dat ass eng wichteg Aktivitéit an der Spillschoul. An, wéi gesot, fir dass do déi Aktivitéit soll hypothekéiert ginn, dat fanne mer net glécklech.

Wéi gesäit et dann aus, zum Beispill mat der Propos, dass op der Lenkeschléi, och wann do ëmmer méi Kanner hi kommen, dass do vläit Plaz wier fir d'Kanner am Wolkeschdall? Wéi ass d'Propos fir zum Beispill den Ausbau vun deem Gebai, well et ass och ugeduecht ginn, fir dat Gebai längerfristeg ëmzewandelen. Ech schwätzen elo vun der Spillschoul Wolkeschdall.  Wéi gesäit et aus, fir e Container an den Haff ze maachen, en Opbau op déi Wolkeschdaller Schoul gesinn ech schwéier méiglech, well jo awer e Glasdaach och do besteet. A mir fannen et eeben net gutt, dass d'Schoul hei muss dem SEA Plaz maachen an um Strutzbierg, do geet et deen anere Wee awer net. Do muss der eis awer nach eng Kéier Erklärunge ginn, fir wat do déi Diskrepanz ass.

Mir schwätzen iwwert d'Zesumme Wuesse, Maison Relais  a Schoul. Jo, mee dat muss vun Ufank u geplangt ginn. Wéi zum Beispill, wéi mer de Bilan gemaach kritt hu vum Projet Lenkeschléi, do hunn si eng Retrospektiv gemaach vun 2020 op 2024. Dat war immens interessant. Si hunn e Bilan gemaach beim Léierpersonal, bei den Educateuren, bei den Elteren, bei de Kanner, an dat hunn ech ganz, ganz flott fonnt, an si hunn dat och geholl als Basis fir de Projet fir déi nächst Jore weiderzeplangen. Eng Cohabitatioun forcéieren, dat ass keng gutt Iddi. Dass Cohabitatioun wichteg ass, ass kloer, den Austausch vum Personal ass wichteg, well e Kand, wat e schwieregen Dag an der Schoul huet, huet deen och mëttes an der Maison Relais. An e verhalensopfällegt Kand bleift och an der Maison Relais  verhalensopfälleg.

Eis Propos an eise Wonsch war jo och ëmmer, dass mer solle kommunal Psychomotricienen, Orthophonisten an esou weider hunn, déi an der Schoul d'Kanner betreien an - firwat net - och an der Maison Relais déi Charge iwwerhuelen. Gutt ass ëmmer, dass wann een am PEP liest, dass ëmmer méi den Austausch tëschent der Schoul an de Maison Relaise promouvéiert gëtt. Gemeinsam Consultatiounen, Elteregespréicher, Bilansgespréicher, ech mengen, dat ass dee richtege Wee. Mee eise Wonsch ass awer, dass all Kand, mindestens all Klass ee Referent huet, deen sech als deen sech mam Enseignant zesummen ëm dat Kand, ëm déi Klass këmmert. Do soll och eng Kontinuitéit sinn. Dat, denken ech, ass ganz, ganz wichteg, fir den Austausch ze maachen, wéi geet et menge Kanner, déi a mengem Grupp sinn an esouwuel wéi waren se an der Schoul oder wéi waren se an der Maison Relais deen aneren Dag, fir do nach eng Kéier e Bilan ze maachen.

Zum SEA hunn ech nach e puer Froen. Iessen: D'Eurest, déi offréieren d'Iessen oder kache fir eis bis 2024. Am Kannergemengerot huet all Schoul, awer wierklech all Schoul, gesot, si sinn net zefridde mam Iessen. Si hätte gär méi kannergerecht Menuen, si hätte gär aner Portiounen. Si hätten och gären e Choix tëscht zwee Menuen. Sécher ass dat alles net einfach, mee ech denken, mir mussen de Kanner et awer esou angeneem wéi méiglech an eise Schoule maachen an do soll jo och

en neie Cahier de charges fir vill Geld ausgeschafft ginn. Do ass meng Fro: Wou si mer do drun? Hu mer schonn e Prestataire fir déi nächst Jore fonnt? Och vläit eng Remark, déi ee muss mat op de Wee huelen, wann et ëm Produktiounskäschten a Gebaier geet. Op Lenkeschléi hunn och d'Kanner am Kannergemengerot gesot, dass déi Gerochsbelästegung - an dat ass och an hirer Ëmfro beim Personal erauskomm - vun der Kichen duerch dat ganz Gebai net esou ganz glécklech ass. Vläicht ass do scho Remedur geschaf ginn, vläicht war do e Problem mat der Hotte oder wat weess ech, mee op jidde Fall do kann ee vläicht nach eng Kéier kucken, wéi een do kann dat verbesseren.

Diddeleng soll eng Healthy City ginn. Fir mech fänkt dat bei de Kanner un. Eng gutt Initiativ fir eis Kanner ass zum Beispill, dass se däerfe gratis an d'Oppe Schwämm goen. Bon, schwammen, da si mer natierlech beim Theema. Wéi ass et mat de Kanner zu Diddeleng, et huet een en Artikel gelies, dass ëmmer manner Kanner kënne schwammen. Sécher war bei eis och de Problem grouss, well mer nëmmen de Strutzbierg zouhaten. Meng Fro ass elo, wéi gesäit et elo aus mam Strutzbierg? Wéini ass se fäerdeg? Kënne mer de 15. September mat eise Kanner dohinner schwamme goen?
Dann iwwert déi drëtt Stonn Sport soen ech näischt, do sinn aner Leit heibannen, déi dat warscheinlech soen, ech schwätzen awer nach kuerz iwwert d'Schoulmedezin. Ech war ganz frou, datt d'Josiane Di Bartolomeo dee Projet och erwäänt huet, d'Schoulmedezin ass och vun eiser Säit eppes, wat extreem wichteg ass.

De Projet Wibbel ass ugeklonge ginn, de Projet Vëlo mam Myriam Keller ass ugeklonge ginn, gesond Frühstücksatelieren ass ugeklonge ginn, mee virun allem wollt ech awer och mol nach eng Kéier op ee Volet hiweisen, wat den immensen Atout ass vun eiser Schoulmedezin, déi maachen och en extreem wichtegen Travail social. Do hu mer och an hirem Rapport gesot kritt, dass se vun den Intervenanten an de Schoulen och kontaktéiert ginn iwwer Enfants négligés, Problèmes familiaux, Divorces, Problèmes relationnels, Retards, Absentéisme, Problèmes de comportement à l'école, Problèmes au niveau de l'hygiène. Dat ass eppes, wat de Schoulmeeschter oder och d'Leit aus der Maison Relais bemierken, an do gëtt dann direkt mat eiser Schoulmedezin Kontakt opgeholl, dat ass oft vill méi eng onbürokratesch, vill méi eng direkt Prise en charge. De Kontakt mat de Familljen ass vill méi séier a mir wëlle jo, dass et de Kanner gutt geet an de Kanner geet et nëmme gutt, wann et den Elteren och gutt geet an ee Problem – et gëtt ëmmer gesot - mir hunn ëmmer méi Kanneraarmut hei zu Lëtzebuerg. Dat ass e Fakt.

A wann ech da liesen „Le problème du logement reste une réalité dramatique. Les familles vivent à une adresse où l'inscription des enfants n'est pas possible, par exemple un logement insalubre ou inadéquat pour d'autres raisons", dann ass et esou, déi Kanner kënnen zwar an d'Schoul goen, dat ass e Gesetz, si mussen an d'Schoul goen, mee déi Kanner kréie keng Allocation familiale an d'Elteren hunn einfach och oft déi Suen net, fir de Besoine vun hire Kanner nozekommen, sief et Kleeder, Schoulmaterial an aner Saachen, déi se brauchen. Dofir, wéi gesot, eis Schoulmedezin mécht net nëmmen d'Ënnersichung, ob se Plattféiss hunn an ob hir Zänn an der Rei sinn, mee se mécht och eng wäertvoll Aarbecht am Travail social an dat kann een nëmmen ënnerstëtzen. An si schreiwe leider, an dat ass dee wichtegste Saz: „Le travail social touche parfois à ses limites", mee mir hunn déi Leit, déi do ganz engagéiert sinn an hinnen ee grousse Merci och an si gehéieren zur Schoulorganisatioun fir all déi aner Voleten.

Ech hunn nach zwou, dräi Remarken. Et geet mer ëm d'Schoulhäff. Mir haten iwwert de Bien-être vun de Kanner geschwat am Schoulhaff, dat ass och wichteg, dass se kënne lafen a spillen, a mir haten am Brill de Problem, dass elo mam Container de Schoulhaff e bësse kleng ass, do huet et geheescht am Ufank, se kréien e Käfeg fir Fussball ze spillen, mee effektiv 75.000 Euro ass ze deier, an du war gesot ginn, do kéimen elo Oftrennungen an du sinn ech awer vun den Eltere gefrot ginn, ma wéini déi dann elo endlech géife kommen? Vläicht wësst Der do scho méi. D'Kanner hunn och fonnt, déi Hochbeeter, dat ass zwar vläicht schéin, mee et ass awer keen, deen se gefrot hat. Dat soen Iech just, well d'Kanner gesot hunn, déi huelen erëm sou vill Plaz ewech an do kéinte mer awer flott aner Saache maachen, do kéinte mer nach e Gol histellen.

Ganz kuerz och, Bravo, de Wildnispädagogik-Projet ass extreem gutt ukomm, och bei alle Schoulen, 50 Klasse waren do, dat gesäit een och, dass déi Appui-Stonne vun anere Schoulen zur Verfügung gestallt gi fir d'Wildnispädagogik, mee deen allerwichtegste Saz vun der Madamm, déi eis de Projet virgestallt huet: Eng enorm Plus-value. Schwiereg Kanner sinn ni schwiereg am Bësch. An dat ass eppes, denken ech, ass och eppes, wat mer och kënne mat op de Wee huelen, dass een eeben nom Bien-être vun de Kanner soll kucken, dat ass extreem wichteg an do gehéiert deen Dag am Bësch, deen Dag an der Natur och dozou.

Ee ganz wichtege Projet, deen ech ëmmer begréisst hunn, dat ass am Strutzbierg de Projet „Sécher Schoul". Merci dem Ronni Bonvini an dem Frank Engel, all Kand sollt sech wuel spieren, sech sécher spieren. Turbulent Kanner, déi stéieren, mat deene musse mer schaffen, dass se léiere méi respektabel mat deenen aneren ëmzegoen. Trouble-Maker musse mer eraushuelen, eng Guideline opsetze mat den Elteren, mat der Maison Relais, mat de Kanner. D'Zil? D'Santé mentale vun all Kand, de Wellbeing vun all Kand.

Ech weess, dass hei zu Diddeleng vill Leit sech vill Méi ginn, dass et an déi Richtung geet, mee ech denken, et ass ëmmer nach Loft no uewen, et kann een ëmmer nach Saache besser maachen, souwuel an der Schoul wéi och am SEA. Voilà. Ech hoffen, dass mer weider interessant Diskussioun och an der Schoulkommissioun wäerten hunn an och hei am Gemengerot, well d'Kanner sinn eis Zukunft, ëm déi geet et. Ech soen all Mënsch Merci, deen sech asetzt fir si, sief et an der Schoul, sief et am SEA an ech wënschen all Mënsch eng flott Rentrée an en satisfaisant Joer 2024-2025. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Merci, Madamm Kayser, fir Är Interventioun.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, Merci fir d'Wuert. Ech hale mech - versprach - méi kuerz a schléisse mech awer ganz gären de Mercien un. Fir d'éischt ee grousse Merci dann och un d'Madamm Di Bartolomeo-Ries fir déi ausféierlech Presentatioun. Merci och fir déi vill Aarbecht, déi si selwer an awer och d'Ekipp vun de Gemengeservicer, Schoul a SEA, heira gestach hunn. Do schléisse mir eis, wéi d'CSV et grad betount huet, deem grousse Merci un den Erni Ferrari un a seng Zesummenaarbecht, déi mir, a virun allem och eis Virgänger, ëmmer haten.

Dem Tom Michel wënsche mer ganz vill Erfolleg an eng gutt Hand bei senger Tâche. E Merci och dem Joël Mischaux an der Direktiounsekipp wéi och de Schoulcomitée mat hire Presidenten, fir dës Aarbecht, da wëll ech awer net vergiessen den Enseignanten an Educateure Merci ze soen, déi hannert deene Projeten an Aarbechtsgruppe stinn, awer och virun hirem Kärgeschäft, also hirem Daily Business mat de Kanner d'Schoulorganisatioun reegelt, dass den Alldagsbetrib ka stattfannen an all eenzelne suergt dofir, dass Diddeleng e qualitativ héichwäertegen Encadrement vun de Kanner kann assuréieren, wou ganz vill Zännrieder anenee musse gräifen. Déi ganz Affektatiounen a Reaffektatioune vun Enseignanten an Educateuren zitt iwwer méi wéi dräi Méint mat sämtleche Lëschten, de Stonneplàng, an allem Drum und Dran ass scho quasi en halleft Joer amgaangen alles fir ze plangen, fir ze organiséieren. Dobäi kënnt dann nach, dass dëst Joer och de Moment ass, wou d'Schoulen sech neit Ziler am PDS wäerte setzen, fir iwwer déi nächst dräi Joer ëmzesetzen. Déi ganz Taktung ass schonn zimmlech sportlech an et kann een de Bedeelegten dohier nëmme felicitéieren, fir déi provisoresch Schoulorganisatioun, déi mir haut wäerte stëmmen, a Courage ze wënsche bei deenen nächste Schrëtt, déi nach déi nächst Wochen a Méint ustinn.

Wou ech meng Notizen, d'Rapporte vun de Schoulkommissiounen, de PEP an och déi aner Dokumenter an der Preparatioun op dëse Gemengerot duerchgaange sinn, ass mir awer och nach emol bewosst ginn, wéi vill flott Projeten Theema dëst Joer waren an och d'nächst Joer wäerte sinn. Dee ganze Volet ronderëm d'Wildnispädagogik, deen ass grad ugeschwat ginn, beispillsweis, wou all d'Schoule wäertvoll Appui-Stonnen zesummeleeën, dass mer mat deem Posten hors contingent, deen nach derbäi kënnt, dann dëse flotte Projet kënnen um Liewen halen. Dat ass e kollektiven Effort, deen net selbstverständlech ass an dee gëllt et dann awer och ervirzesträichen. Do huet all Schoul hiren Deel dozou bäigedroen, dass deen esou ka stattfannen. De Bëschhond Charlotte hate mer an der Schoulkommissioun am Februar. D'Vëlosateliere sinn och grad ugeschwat ginn a hu mech selbstverständlech erfreet, de Yoga, de Projet Wibbel, eenzeler vun deene Projeten, déi souwuel am formale wéi am nonformale Beräich kënne stattfannen an iwwerhaapt bei der Kooperatioun tëscht Schoul a SEA, wou ee mierkt, dass zu Diddeleng vun der Gemeng déi ganz Ënnerstëtzung kënnt, dat fanne mir als déi Gréng richteg gutt an dat wollte mir op dëser Plaz och nach eemol gesot hunn.
Dës flott Synergien erkenne mir net just an de sëllege Kooperatiounen, wou am PEP beschriwwe sinn, oder mat Bléck op de Bilan vu Lenkeschléi, wou mir och an der Schoulkommissioun am Februar virgestallt kritt hunn. Dat positiivt Zesummebrénge vun den Acteuren, déi den Dag iwwer mat de selwechte Kanner zesummeschaffen, hu mir och bei Neibauten, wéi beispillsweis elo op Baltzeng oder och, wéi virdru beschriwwen, an der Gaffelt, wou d'Enseignanten an d'Educateuren zesumme gekuckt hunn, wéi se déi eenzel Lokalitéiten nei géingen opdeelen.

Mat Bléck op d'Klassenzuele mierkt ee lénks a riets Fluktuatiounen, ma sou schéngt et allgemeng méi Cycle 2-Klassen an Diddeleng ze brauchen. Hei setzen ech, an dat lassgeléist vun Diddeleng, mee allgemeng op d'Schoullandschaft zu Lëtzebuerg gekuckt, vill Hoffnung an de Pilotprojet Zesumme wuessen, vun deem dëst Joer dann 12 Kanner vun enger franséischer Alphabetiséierung profitéiere konnten an och d'nächst Joer dann nach eng Kéier der 12 wäerte profitéieren.
Hei sinn ech perséinlech dervun iwwerzeegt, dass dës Approche de Kanner wäert d'Méiglechkeet bidden, sech mat manner Schwieregkeeten eng Basis ze schafen, op déi si hir Scolaritéit kënnen opbauen, ouni d'Hürd, wéi bis elo, mussen ze huelen, an enger Sprooch alphabetiséiert ze ginn, déi wäit ewech vun hirer Mammesprooch läit.

D'Retoure vum Deich si jo dann och ganz positiv an den Interêt schéngt jo och ganz grouss gewiescht ze si bei där Eltere-Journée, dat freet eis. Zum Ofschloss hätt ech awer e puer méi allgemeng Froen, déi mir elo net ganz kloer waren, no deenen Dokumentatioune wou mir am Virfeld kritt hunn an och déi Erklärung, déi mer elo grad kruten.

A puncto ROP wollt ech nofroen, wou si mer do drun?
An der Schoulkommissioun vum 20. Mäerz gouf vun engem Sondage geschwat, bei deem de Corps enseignant sech sollt dozou positionéieren ob déi eenzel Schoule beim Permutéiere géingen zougemaach ginn oder net. Do wollt ech froen, ob déi gemaach ginn ass oder net, awer jo, ob et du scho Resultater ginn, déi mer och kënne gewuer ginn? Dat hänkt jo dann och domat zesummen, ob mär bei Projeten an eenzelne Schoulen d'Diskussioun weider géinge féieren iwwer Lettres de motivation an och doriwwer, ob Schoule fir eng gewëssen Zäit bei der Postewal souzesoe geschützt wieren. Wéi gesäit do d'Trame aus, wéi um ROP soll geschafft ginn? D'Josiane hat jo och den Appell an der Schoulkommissioun den 20. Mäerz gemaach, dass en neien ROP nach dëst Joer sollt proposéiert ginn.

De Site Wolkeschdall ass grad ugeschwat ginn, do war och virun engem Mount iwwert d'Ëmbauaarbechte geschwat ginn, fir den Agrement vun deem Site. Do wollt ech elo och net politesch drop agoen, ech wollt ganz einfach froen ob dat esou klappt, wéi geplangt ass, ob et do Neiegkeete ginn zum Fortgang vun där Saach?

Zum Schluss – an Dir kënnt Iech  et denken, et ass jo schonn ugekënnegt ginn - wollt ech nach eng Kéier nohaken zum Schoulsport vum nächste Schouljoer. D'Problematik, Dir erënnert Iech  bestëmmt, am Gemengerot vum 26. Oktober war ech drop agaangen, wou mer

déi definitiv Schoulorganisatioun gestëmmt hate vum aktuelle Schouljoer, do hat ech lech virgerechent, dass bis dato de Kanner tëscht 6 an 10 Joer ëmmerhin en Drëttel vun de Sportsstonne gefeelt huet, wann se um Enn vum Cycle 3 ukomm sinn, an dass se mat 144 Stonne manner Schoulsport, déi de Plan d'études jo virgesäit, den Equivalent vun iwwert engem Schouljoer ouni Schoulsport haten. Mir hate säitdeem a mengen Aen eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht an e ganz konstruktiven Dialog ronderëm dat Theema, sief et beim Relevé vun deem, wat infrastrukturell méiglech ass am Fall, an dovunner si mer jo ausgaangen, dass de Strutzbierg am September opgeet. Duerno hunn ech an de Schoulkommissiounen ëmmer erëm d'Fro gestallt, wou mer dru sinn, wéi do d'Strategie ass, fir mat den Enseignanten dat doten och ëmzesetzen.

Mee d'Theema huet et leider net ëmmer bis an de Rapport gepackt an do war elo de leschte Stand einfach, dass ech nach eng Kéier wéilt froen - ech weess, dat hei ass déi provisoresch an net déi definitiv Schoulorganisatioun an et huet een d'Stonnepläng nach net vun den Enseignanten, dat ass mer alles bewosst - mee och hei einfach d'Fro, mir brauche jo eng Strategie fir d'Implementéierung vun där Stonn do definitiv herno an de Stonneplang ze kréien, do wollt ech froen, wou si mär dru bei der Planung respektiv der Ëmsetzung vum Zil, dann déi drëtt Sportsstonn, wéi virgesinn, de Kanner kënnen ze bidden? An do géing ech einfach Merci soen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, fir Är Interventioun.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, als éischt wéilt ech emol och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries Merci soe fir d'Presentatioun. Da wéilt ech awer och am Numm vun eiser Fraktioun allen Acteuren, déi un der Ausaarbechtung vun dëser provisorescher Schoulorganisatioun geschafft hunn, eisem Schoulservice, nach ënnert der Leedung vum Erni Ferrari, deem ech awer och da kann e grousse Merci soe fir all seng Beméiungen, déi hien déi lescht Jore gemeet huet. Ech mengen, mir kennen eis schonn e bësse méi laang, mir haten och mateneen ze dinn, dofir war et eng frëndschaftlech Relatioun. Ma wéi gesot, genéiss Deng Pensioun, maach net wéi aner Leit, déi net kënnen an d'Pensioun goen. An ech wëll awer, wéi gesot all Guddes wënschen, fir d'Zukunft an dem Tom Michel och da schonn e gudde Start a seng nei Funktioun als Responsabelen.

Da wëll ech awer och der Direktioun Merci soen an de Schoulpresidenten a -presidentinnen, grad wéi de Leit aus hire Kommiteeën, wéi och all den Enseignanten en décke Merci, dass si et erëm fäerdegbruecht hunn, virun der Ouschtervakanz, also zu engem ganz fréien Zäitpunkt, wou et nach vill Inconnuen an Incertitüde ginn, wat d'Rallongementer, d'Arrivéeën an d'Departe vu Schüler ugeet, eng dach equilibréiert Schoulorganisatioun op d'Been ze stellen. Esou ass et kloer, dass et ëmmer nach zu Changementer wäert kommen. Mir hunn dat gemierkt vun der Schoulkommissiounssitzung vum 20. Mäerz op déi vum 8. Mee. Mee bon, ech denken, dass déi säit zwee Joer ageschloen Zäitschinn vum MENJE net méi wäert änneren.

E puer Remarken zu der Schoulorganisatioun. Ugefaange mam Contingent, wou mer jo dann, wéi scho gesot, 50 Leçone méi kréien, dat ass awer och eng Hausse, vläicht mengen ech, gläichzestelle mat 25 Schüler.
Mir sinn elo op 1.920 Schüler a schéngen also aus der Talfaart vu virun e puer Joer eraus ze sinn.

Zum Precoce. Ech hunn an der provisorescher Schoulorganisatioun vum leschte Schouljoer nogekuckt, d'Zuel vun den Aschreiwungen huet sech net allze vill geännert par rapport zu 2023. Mir haten 2023 140 Inscriptiounen op 223 Leit, déi ugeschriwwe gi waren, dëst Joer hu mer 142 Inscriptiounen op 207 Leit, déi ugeschriwwe gi sinn. De Prozentsaz huet also liicht geännert. Mir hunn dëst Joer nees méi Demandë fir den AB-Grupp a mat 45 Stéck an 92 fir den E-Grupp. Dovunner si bis elo 87 Kanner scho ganz an 2 Kanner partiell ageschriwwen am SEA. Domat bleiwen 12 Kanner wéi d'lescht Joer och op der Waardelëscht. Mir haten eis d'lescht Joer scho gefreet, dass bal zwee Drëttel vun de Leit hiert Kand neierdéngs an de Precoce aschreiwen, dat ass effektiv e grousse Succès. Ech mengen, ëmmer méi Leit hunn och erkannt, besonnesch d'Auslänner, déi am Land wunnen oder wëlle wunne kommen, dass hir Kanner Lëtzebuergesch léiere sollen, wat an der Privatcrèche net ëmmer garantéiert ass, well obschonn dës bilingue misste sinn, hei dach gréisstendeels d'Langue véhiculaire d'Franséischt ass.

Zum C1, do bleift alles wéi gehabt, d'Moyennen an d'Zuel vun de Klassen. Am C2 hu mer 2 Klasse méi iwwer Diddeleng, obschonn d'Effektiver vu 15,4 op 15 erofginn. Et si ganz vill Klassen doubléiert ginn duerch Allongementer, déi zwar zu dësem Zäitpunkt nach net confirméiert sinn. Opfalend sinn haaptsächlech déi vill Allongementer a verschiddenen C 2-Klassen, wéi zum Beispill am Brill mat 8, um Deich mat 13 oder um Strutzbierg mat 14 Allongementer. Gëtt et eng Erklärung hei fir? Ech weess et net, et ass jo net esou, wéi wann eis Kanner net gutt oder net genuch encadréiert wieren. An deem Kontext vläit nach eng Fro zu deenen AEBSen. Rieds war d'lescht Joer, wou dës Tâche agefouert gouf, dass am Laf vun den nächste Joren no an no all d'Schoul soll en AEBS kréien. Hate mir 2023 eng Affektatioun, ech weess dat net méi sou genau, ass déi Tâche e reelle Méiwäert, gëtt et e Feedback vum IEBS? A méi klenge Gebaier ass en Doublement net ëmmer méiglech, wéi am Ribeschpont zum Beispill. An der Vergaangenheet hate mer schonn oft an deem Gebai ëmmer erëm Klassen- mat méi héijen Effektiver, esouguer déi eng oder déi aner Kéier bis zu dräi 23 Kanner gehat. Elo hu mer en C 2-1 mat 22 Kanner, deen dem President, mat Rescht, Suerge mécht, ass et dach net evident, mat esou engem héijen Effektiv an engem C 2.1 ze starten.

Da freeë mer eis iwwer de Succès vum Pilotprojet um Deich, „Zesumme wuessen, d'Alphabetisatioun op Franséisch oder Däitsch". Och dëst Joer hunn erëm 12 Elteren hiert Kand aus dem Préscolaire an d'Alphabetisatioun op Franséisch ugemellt. Mir wéilten dann de Presidenten an hire Schülerkommiteeën och dëst Joer nees Merci soen, dass si erëm bei der Opdeelung

vun hiren Appui-Stonnen erëm eng 7 Stonnen dovunner geopfert hunn, fir de Projet Wildnispädagogik. Effektiv, all eis Schoule stinn hannert dësem flotte Projet, mat deenen 23 Stonne hors contingent, déi vum MENJE schonn accordéiert goufen, kënnen nämlech déi zwou Léierinne jee 15 Stonnen am Projet mat deenen zwee Educateure schaffen, wat erlaabt, dass säit 2023 50 Schoulklasse kënne pro Joreszäit, also insgesamt véiermol, e flotten Dag an der Enceinte vun der Waldschoul respektiv op der Haard erliewen. Mir haten eng flott Presentatioun vun der Madamm Schaul gemeet kritt, wou si d'Prinzippie vun der Wildnispädagogik, hir Routinnen, grad wéi den Aktivitéitekalenner, ugepasst un déi verschidden Zyklen an un déi jeeweileg Saison presentéiert huet. Natierlech freet sech d'Ekipp - a mir och- op d'Blockhütt a si soen eis Merci fir déi léif a wäertvoll Ënnerstëtzung.

Zu enger méi laanger Diskussioun koum et och an der Schoulkommissioun vum 28. Februar iwwer de Bréif vun der Briller Schoul, wou d'Enseignante fonnt hunn, dass d'Decisioun vun der Direktioun, wann een sech gären op e Posten an der Schoul Lenkeschléi géif mellen, een eng Lettre de motivation misst schreiwen. Dëst wär net konform zum aktuellen ROP, Versioun 2021, deen zwar am Oktober 2022 sollt iwwerschafft ginn a wou awer nach keng nei Versioun der Schoulkommissioun bis dato virläit. Och d'Enseignantë vum Ribeschpont an eng Majoritéit vu Butschebuerg haten sech dem Bréif vum Brill ralliéiert. Bon, den Direkter, den Här Mischaux, stäipt sech op seng Decisioun mam Argument, dass d'Kontinuitéit an d'Stabilitéit fir d'Schüler garantéiert musse ginn. Mir als Fraktioun sinn och der Meenung, dass déi Decisioun effektiv déi richteg ass. Wann een nämlech d'Presentatioun vum Bilan vun den éischte véier Joer vun der Presidentin, der Madamm Schütz an de Responsabele vum SEA, héieren huet, wéi an där Schoul geschafft gëtt, wat fir Engagementer, Missiounen, Flichten een als Enseignant ageet, déi wäit méi ginn ewéi just a senger Klass Schoul ze halen an duerno d'Dier hanneru sech zouzemaachen, muss en Enseignant, dee wierklech interesséiert ass, an déi Schoul ze wiesselen, et och fäerdegbréngen, eng Lettre de motivation ze schreiwen. Eng Lettre de motivation ze schreiwen, hunn ech elo verstanen, muss am Prinzip am neien ROP, wann en dann eng Kéier bis steet, net aleng fir Lenkeschléi, mee generell fir all Wiessel an eng Schoul, déi mat engem gewësse Konzept schafft, bäigefüügt ginn.

Zum PEP dann, deen e feste Bestanddeel vun der Schoulorganisatioun ass, Merci, Erni Hoffmann, Dir an denger Equipe, déi dëst Dokument opgestallt hunn. D'Opdeelung no sechs Handlungsfelder mécht et einfach nozeliesen, wat fir Aktivitéiten an Initiativen all Maison Relais mécht an hëlt, wéi et mat der Inclusioun an der Reseausaarbecht ass. Am grousse Ganze liest een eraus, dass vu Joer zu Joer d'Relatioun, d'Kollaboratioun, d'Kommunikatioun, d'Echangen tëschent dem SEA an der Schoul an och mat den Eltere besser gëtt an dass do wou se vläit nach net grad esou gewuess sinn, dass do weider dru geschafft gëtt. Natierlech, wann de SEA an der Schoul ass, wéi an der Schoul Lenkeschléi, léisst sech natierlech villes méi liicht, méi einfach a natierlech méi schnell ëmsetzen. Flott ass, dass iwwer Diddeleng gesinn, de SEA sech ëmmer méi an de Schoulen integréiert, respektiv integréiere wëllt, séier zum Beispill de Responsabele vum Site am Schoulkommitee ass, datt et op Plazen e Referent pro Klass oder op d'mannst pro Cycle gëtt, deen an de Cycle-Versammlungen a bei eenzele Bilansgespréicher dobäi ass, dass de SEA bei de Schoulausflich oder Sortien dobäi ass an un eenzele schouleschen Aktivitéiten deelhëlt.
Vill Aktivitéite kommen am PEP ëmmer erëm zeréck. Dat ass kloer. Et ass ëmmer nach déi gemeinsam Organisatioun vu Fester, haut heeschen se mol Zoppefest oder Ofschlossfest, oder vun Atelieren. Ech mengen, dat ass och flott dass se ëmmer nach stattfannen.

Weider Elterecafééë ginn och agefouert, fir d'Relatioun och mat den Elteren héichzehalen. Och klappt et ëmmer besser, dass d'Säll an aner Infrastrukture gemeinsam benotzt ginn, wat jo an a fir sech mëttlerweil Normalitéit misst sinn. Ënner Travail en réseau fält ëmmer erëm d'Zesummenaarbecht mat villen Organismen, SCASS,... a virun allem mat eiser Responsabele d'inclusion, Paola Tomasini, wéi och mat eisem Service Santé scolaire, wat mer erlaabt och der Ekipp ronderëm d'Myriam Keller, e grousse Merci ze soe fir hir vill Aarbecht. Et gesäit een ëmmer erëm an hirem Rapport, dass d'Aarbecht am Service sech net just limitéiert op déi vill obligatoresch Ënnersichungen. Esou hunn d'Infirmieren am Schouljoer 2020-2023 48 PAIen, 6 méi wéi d'Joer virdrun, vu Schoulkanner geréiert.

Da bekëmmert sech de Service Santé scolaire ëm d'Kontroll an d'Opfëlle vu sämtlechen Éischt-Hëllef-Këschten an de Schoulen, Maison Relaisen, d'Éischt-Hëllef-Trousse fir d'Ausflig an d'Troussë fir de Cycle 1, adaptéiert un hir Outdoor-Aktivitéiten. Doniewent gi vill Atelieren, point de vu éducation à la santé, mat 4 Volete Gesond Iessen, Santé dentaire, Promotioun vu physeschen Aktivitéiten an de Bien-être a ville Klasse vum C1 bis C4 gemeet. D'Myriam Keller ass zesumme mam Service des sports mat 30 Klassen C 2-4 mam Vëlo gefuer, wou d'Begeeschterung bei de Kanner natierlech ganz grouss war. Déi ass och ganz grouss fir dem Manon Haag seng Yoga-Coursen an der Madamm Hammes hir integrativ Klangpedagogik fir déi kleng am C2. Och organiséiert de Service de Projet Wibbel, dee vu Gesond Diddeleng finanzéiert gëtt. Dëse Projet adresséiert sech haaptsächlech un iwwergewiichtegt Kanner oder Kanner, déi aus engem méi problematesche Milieu kommen. Et gëtt sech beweegt op ënnerschiddlech Art a Weis, sief et verschidde Sportaarten, sief et an de Bësch spadséiere goen, mam Vëlo fueren an esou weider. Et ass eng immens Demande do, mee leider kënnen nëmmen 18 Kanner geholl ginn, wéinst Mangel u Personal an u Raimlechkeeten.

Wäertvoll Aarbecht leeschten och d'Muriel Homan an d'Manon Haag, eis zwou Assistante d'Hygiène sociale, an dëst am Volet social, wou si enger Multitüd vu Problemer, déi si gemellt kréien, vum Léierpersonal wéi och vum SEA, vu Kanner, déi vernoléissegt ginn, vu Familljeproblemer, Problemer vum Behuelen an der Schoul, Absenteismus an esou weider, grad wéi Hygiènesproblemer an esou weider, noginn a siche fir d'éischt am Gespréich mat de Leit Léisungen ze fannen. Felicitatiounen och un dëse Service fir déi vill a gutt Aarbecht.

Merci allen Acteuren an, wéi d'Michèle Kayser scho gesot huet, ech wënschen alleguerten eng gutt Rentrée an e schéint Schouljoer. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci dem Romain Zuang fir seng Interventioun. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, et ass och schonn esou vill gesot ginn, datt erlaabt et mir wierklech, mech relativ kuerz ze faassen. Ech ka mech nëmmen u ganz villes ralliéieren, ech fänke selbstverständlech och u mat engem grousse Merci scho mol dem SEA an dem Service scolaire. Merci och fir dee kompletten Dossier, wou souguer déi dräi Rapporte vun de leschte Schoulkommissiounen dra waren, déi géinge mer natierlech och soss fannen iwwerall, mee ech fannen, dat weist awer ëmmer schonn, voilà, eppes Konstruktives, wann een do direkt alles am Dossier dobäi huet.

Virun allem hunn ech net vill ze soen, well zu Diddeleng d'Schoulorganisatioun ëmmer relativ gutt fonctionéiert, dat ass och schonn haut gesot ginn, d'Kommunikatioun tëschent deene verschiddene Schoulen, tëschent de Presidenten, déi fonctionéiert gutt, och virun allem, wat d'Opdeelung vun de Stonnen ugeet, dowéinst natierlech och mol e grousse Merci un déi verschidde Presidente vun de Schoulen, well dat vereinfacht natierlech eng Schoulorganisatioun enorm, wann d'Kommunikatioun fonctionéiert. Et sinn immens vill Projeten opgezielt ginn elo schonn, déi scho säit e puer Joer lafen, déi mer natierlech och just als déi Lénk kënnen ënnerstëtzen.

Mir sinn och frou, dass d'Wildnispädagogik weidergeet, wat e ganz flotte Projet ass. De Pilotprojet vun der Alphabetisatioun op Franséisch, sou wéi ech et verstanen hunn, ass jo och awer kloer an der Schoulkommissioun gesot ginn, dass wann e Kand ufänkt an deem Pilotprojet an et géing dann enzwousch anescht eraus aus deem Ressort plënneren, dass et da selbstverständlech awer kann do weidermaachen. Ech mengen, dat ass jo och nëmme logesch, soss ergëtt de Projet jo och kee Sënn an dat begréisse mer awer natierlech och. Mir war bis haut net bewosst, dass et Gemenge ginn, déi keng Médecine scolaire hunn. Dowéinst wollt ech dat dann awer hei och nach eng Kéier begréissen, well dat natierlech wierklech eppes ganz Wichteges ass. Do ass och d'Madamm Kayser elo vill drop agaangen. Voilà, dat ass effektiv eppes ganz Wichteges, esouwuel wat d'Gesondheet vun de Kanner ugeet, wéi effektiv och d'sozial Aarbecht.

Dann hätt ech och just nach e puer Froen, ech hat mer och opgeschriwwen, dat ass elo scho gefrot ginn, wou den ROP drun ass eeben? Bon, dat weess d'Madamm Ries warscheinlech och selwer net well dat hänkt jo - wann ech richteg verstanen hunn - éischter bei de Schoulen, esou wéi elo gesot ginn ass, dass et da vläicht éischter esou ausgesäit, dass ee fir all Schoul mat Konzept muss eng Lettre de motivation schreiwen, dat géinge mir och éischter begréissen als déi Lénk, well dat awer einfach e gewëssenen Invest verlaangt an och weist vum Personal. Mir ralliéieren eis dann och mat voller Ënnerstëtzung un d'Fro vun déi Gréng mat der drëtter Sportsstonn a lauschteren do mat ganz groussem Interêt, wéi et do weidergeet.

Da wollt ech einfach eng Kéier froen, ob d'Aarbechten am Brill, ob déi gutt viru lafen an och mech do ralliéieren, an der Schoulkommissioun ass vun deem Mini-Stade geschwat ginn. Mee ech mengen, d'Demande war effektiv einfach, do en Netz oder eng Trennung iergendwéi opzebauen, einfach dass kuerzfristeg do d'Kanner net brauchen opzepasse beim Fussball spillen a gläichzäiteg awer och déi aner Kanner net mussen oppassen. Ob et do méiglech ass, einfach kuerzfristeg eppes ze maachen. De Wolkeschdall ass ugeschwat ginn. Do wollte mir dann och eng Kéier nofroen, wat ass d'Envergure vun deenen Aarbechten, déi do néideg sinn a wéi sécher ass d'Gemeng an dësem Moment, dass se awer dann am September deen Agrement kritt?

De Pedibus, wou si mer do drun? Dat wär nach interessant. An effektiv, et ass virdru scho vun der CSV ugeschwat ginn, d'Iessen, ech mengen, et ass elo kee Geheimnis, dass d'Kanner vläicht heiansdo e bësse méi wieleresch sinn, wat Iessen ugeet, mee och mir war et deemools opgefall dass wierklech, wou mer de Kannergemengerot gesinn hunn, dat eppes ass, wat awer bei all Schoul a bei all Kand erëmkomm ass, dat war d'Fro vum Kantinsiessen, gëtt et do vläicht nach Méiglechkeeten oder gëtt do reegelméisseg de Menu iwwerkuckt, ob et do nach Méiglechkeete gëtt, dat e bësse méi agreabel ze maache fir d'Kanner, sachant, dass et natierlech Kanner sinn an se vläicht och heiansdo musse gezwonge ginn, e bëssen eppes Gesondes z'iessen.

Voilà, dat war et am Fong scho vun eis. Da bleift mir natierlech och just nach, am Numm vun déi Lénk, dem Erni Ferrari, eng ganz flott Pensioun ze wënschen. An och dem Tom Michel da bonne chance fir de Suivi ze wënschen. An ech wënschen awer elo weeder dem Schoulpersonal nach de Kanner eng flott Rentrée, ech wënschen elo mol virun allem eng flott Summervakanz. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci der Madamm Thoma. An dann den Här Meier, w.e.g.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Ech wëll elo net méi op all Punkt zeréckkommen, meng Virriedner hu scho ganz, ganz vill gesot, méi wéi ech mer konnt erdenken. Ech wëll awer och just soen, dass hei zu Diddeleng och vill gemaach gëtt am Schoulberäich, Maison Relaisen, déi vergréissert ginn, fir dass méi Kanner Plaz fannen. Ech muss der Madamm Kayser Recht ginn, dass et net ganz gutt ass wa Kanner musse vu mueres bis owes an enger Betreiungsstruktur bleiwen. Ech perséinlech kucken och fir meng Kanner esou wéineg wéi et nëmme geet, do ze loossen, leider, an ech muss soe leider huet net all Famill déi Chance.

Et gi vill elengerzéiend Elteren, et ginn Elteren, déi zu zwee musse schaffe goen, déi och méi wäit ewech sinn an net onbedéngt hei zu Diddeleng, wou se direkt bei der Schoul kënne sinn an dass d'Kanner an der Schoulkantin mussen iessen. Also dat wëll ech elo net esou soen, well se kënnen do iessen an dat Iessen, op alle

Fall wat ech mol matkritt hunn, ass ofwiesslungsräich an equilibréiert, also eng anstänneg Ernärung, wou natierlech gekuckt gëtt, dass eis Kanner och Vitaminnen zou sech kënnen huelen an net nëmmen de Schockelasriegel, deen se moies a vun den Elteren an d'Këscht geluecht kréien.

D'Alphabetisatioun op Franséisch, dat fannen ech ganz gutt, dass Diddeleng do mat Virreider ass. Et ass net all Kand wou lëtzebuergesch- oder däitschsproocheg Elteren huet an d'Alphabetisatioun op Däitsch, wéi mir se hei hunn, einfach fält an et soll awer all Kand déi selwecht Chance kréien an net herno musse sëtzebleiwe well et déi eng Sprooch eebe e bësse manner kann ewéi eng aner. Dat wat ech awer op alle Fall wëll soen, ass e ganze Koup Mercien, als éischt emol dem Josiane Di Bartolomeo-Ries e grousse Merci fir d'Explikatiounen an och e grousse Merci all deenen, déi un dësen Explikatiounen matgeschafft hunn.

Dann och e Merci un dat ganzt Schoulpersonal, vu Schoulpresidenten iwwer Jofferen, Schoulmeeschteren an och soss all Mënsch, deen an a ronderëm d'Schoul täteg ass. Si maachen eng ganz wäertvoll Aarbecht dat, nämlech d'Erzéiung a virun allem Matière bäizebréngen un eis Kanner fir dass och si herno e wäertvollen Deel an eiser Gesellschaft kënne sinn. Dem Erni Ferrari op alle Fall e ganz grousse Merci fir seng Aarbecht, déi hie vollbruecht huet. Meng Fra hat och kuerzzäiteg hei zu Diddeleng ersat an och si krut dann emol heiansdo moies um siwen Auer schonn en Uruff an ech ka mer gutt virstellen, dass et net ëmmer einfach war, dofir ze suergen, dass all Klass herno schlussendlech e Schoulmeeschter do stoen hat, mee hien huet dat awer mat Bravour gemaach. An dem Tom Michel selbstverständlech och eng ganz glécklech Hand gewënscht a senger neier Funktioun. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci och dem Här Meyer, an d'Wuert geet un d'Madamm Spagnuolo.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci fir d'Wuert an och vu menger Säit e ganz grousse Merci un d'Madamm Di Bartolomeo-Ries an den Här Erni Ferrari an och un dat ganzt Schoulpersonal wéi un all déi Leit, déi mat dru geschafft hunn. An ech wënschen natierlech och dem Tom Michel e gudde Start. Ech hätt just eng ganz kleng Fro, wannechgelift, beim Projet Wibbel, denkt d'Gemeng drun, méi Personal do anzestellen, fir d'Kapazitéit vun deene Kanner ze erhéijen? Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci fir déi doten Interventioun. Si soss nach Wuertmeldungen, soss géing ech de Ball vun de Froen dann eriwwer schéissen an d'Experteronn, souzesoen, wie mécht do den Ufank, wannechgelift? Här Mischaux, Dir hutt d'Wuert.

JOËL MISCHAUX (REGIONALDIREKTER VUM ENSEIGNEMENT): Merci, Här Spina, fir d'Wuert. Et war eng ganz Rei vu Froen. Ech probéiere mol, se iergendwéi esou ze strukturéieren, dass mer derduerch kommen. Fir d'éischt och, wéi jiddwereen et gemaach huet, vu mir e grousse Merci un den Erni Ferrari.

De Romain Zuang huet genau esou laang mat him zesummegeschafft, mee et hat keen heibannen de Plesëier, den Erni misste moies wakereg ze schellen, well hie verpennt hat. Dat hu mer e puer Mol samschdes hikritt, dat heescht, ech hunn den Ersatz och scho gemaach. An dann natierlech och dem Tom Michel an der Successioun eng glécklech Hand. Merci, Erni, fir déi vill Joren.

Gutt, da wollt ech fir d'éischt vläit agoen op den allgemenge Merci, wéi all Joer de Presidenten, de Schoulkomiteeën, den Enseignanten an deem ganzen ESEPS-Personal, wat och all Dag virun de Kanner a mat de Kanner zesumme schafft a probéiert, eis Schoul um Lafen ze halen. Dass eis Schoul grousse Succès huet, dat gesi mer erëm dono, dee Volet kënnt jo nach bei der éischter Lëscht. Et gëtt vu Joer zu Joer méi komplex a mir hunn 92 Demandë fir ganz wéineg Posten. Also, et dass e Run op Diddeleng, dat gëtt vu Joer zu Joer méi staark. Also, mir hunn do wierklech Problemer, den Tri nach ze maachen. An och do wollt ech awer vläit e puer Wierder dozou verléieren. Mir hunn eng ganz Rei vu jonke Mataarbechter, déi all Dag mat de Kanner wierklech exzellent Aarbecht gemaach hunn dëst Joer an et ass natierlech ëmmer flott, wann een, ouni elo Nimm ze nennen, an der Kontinuitéit och op deem dote Plang ka weiderschaffen. An ech mengen, och vu baussen hu mer Leit, déi mat exzellenten Notte kommen, mee et ass nun eemol net méiglech, fir all Mënsch zeréckzebehalen. Mir hu probéiert, et pedagogesch ze kucken an natierlech och an der Kontinuitéit, an ech mengen, mir wäerten och d'nächst Joer erëm nëmme Brevetéierter - an dat muss een och mol eng Kéier ënnersträiche bei de Kanner - hunn, dat heescht natierlech och, dass eis laang gedéngten RPen, Chargéen ëmmer méi op d'Direktioun réckelen, wat awer an deem Sënn OK ass, well mer se zeréck an d'Diddelenger Schoule ginn. Dat heescht, mir wäerten och do an der Kontinuitéit mat eise Mataarbechter bleiwen.

ROP, deen domat ze dinn huet, hunn ech elo nach keng nei Versioun presentéiert krut vun de Schoulpresidenten, bezéiungsweis vun de Comitéen, ass awer menge leschten Informatiounen no elo erëm an der Ausaarbechtung. Mir sinn do awer guer net esou an der Urgence, well ech mengen, dass do och um Niveau vun der Regierung iergendwann eng Kéier mussen aner Decisioune geholl ginn, an zwar nom Zoustännegkeetsberäich bleift dat weiderhin an deem Vademecum, dee mer elo kennen, ginn d'Personaldecisiounen op enger anerer Ebene geholl. Dat muss alles emol eng Kéier am Detail gekuckt ginn. Fakt ass, dass dee momentanen ROP, wat d'Base légale ugeet, reng vun der Terminologie net ganz propper ass, et ass egal wéi muss dru geschafft ginn.

Wat elo d'Decisioun ugeet, den Här Zwang huet et ernimmt, et ass iwwregens net d'Decisioun vun der Direktioun aleng, mee dat ass zesumme mat der Gemeng gedroe ginn, dass eng Lettre de motivation awer muss gemaach ginn, eeben och wéinst der Kontinuitéit vun den Equipe-pädagogicken. An ech mengen, wann een de Projet Lenkeschléi ausernee pléckt, dann huet sech dat awer als dee richtege Choix bis elo erwisen. De Sondage - war gefrot ginn - ass mat engem Neen op en Enn gaang, dat heescht de Vote bei den Enseignanten ass

deen, dass se net hir Schoule wëllen zoumaachen. Wat dat elo fir den ROP bedeit, ass eeben elo un de Presidenten, den éischte Jet ze maachen. Et muss een dann ofwaarden. De Problem vum ROP war jo net eigentlech d'Lettre de motivation, et war jo, dass mer Divergenzen zwëschent C 1 an C 2-C 4 hunn. An ech mengen, do läit de gréisste Knackpunkt. An, mir haten et gesot, wann deen éischte Jet vum ROP do ass, huele mer ee Vertrieder vum C 1 an ee vum C 2 bis C4 an da ginn déi mat mir op de Ministère an da loosse mer dat och juristesch préiwen, dass mer en ROP hunn, dee wierklech propper ass. Voilà. Esou vill zum ROP.

Dann de grousse momentane Brocken, d'Alphabetiséierung op Franséisch, Projet Zesumme wuessen. Déi éischt Resultater vum Lucet sinn effektiv do. Et ass awer, fannen ech elo, wat Diddeleng ugeet, relativ kuerz gegraff, well mer do just den Iwwergang hunn C 1-C 2, Schëffleng huet e Joer Avance, ech mengen, dat ass och eigentlech an deem Sënn fir eis ganz gutt. Et si Léierprozesser, déi do stattfonnt hunn, vun deene mir nëmme kënne bäiléieren. Momentan gesäit dat ganz gutt aus. D'Madamm Di Bartolomeo hat d'Zuele genannt. Mir sinn an der Konstanz, wann een awer d'Zuele genau kuckt, huet een eigentlech vun deene Kanner, déi elo ageschriwwe gi fir d'nächst Joer, am 2.1 d'Alphabetisatioun op Franséisch ze kréien, ass de lusophonen Hannergrond vun der Gesamtpopulatioun ganz staark vertrueden.

Dat heescht, dat ass dat wat ech och mam Minister beschwat hunn, de Chiffre absolu geet net duer, et muss ee wierklech de Migratiounshannergrond kucken an da fënnt een do eng ganz grouss Akzeptanz bei de Leit an dozou huet natierlech och den Äifer vun den Enseignanten, déi elo de Projet am Fong geholl stemmen, deen huet dozou bäigedroen. Et mierkt een e Risenënnerscheed zum leschte Joer, wou ganz vill Froe waren, wou mer no der Seance hei op der Gemeng nach eng Kéier eng an der Schoul ageschoben hunn op engem Samschdeg Moien, d'Porte-ouverte um Deich war ganz staark besicht, et komme ganz wéineg Froen op der Direktioun un, och dat ass e Risenënnerscheed par rapport zum leschte Joer, soudass ech eigentlech och do eng grouss Kontinuitéit gesinn an dat ass an deenen dräi anere Schoulen och net anescht.

Mir hunn do eng kloer Zäitschinn, déi ass och vum Script mat definéiert. Mir wäerten et dann iergendwann, wann d'Regierung dat esou decidéiert, generaliséieren. A mir fänken och do an all deenen aner Schoulen am C 1 un, soudass mer awer nach jett Joren hunn, fir Formation-continueën - wat an der Chamberkommissioun, wou mer virun zéng Deeg waren, och ganz kloer gefrot gouf a mat Recht - Formation-continueën ze organiséieren an eis och an de Gemengen zesumme mam Syvicol organisatoresch esou opzestellen, dass mer déi néideg Raimlechkeeten hunn, déi néideg Gruppe kënnen ënnerdaach kréien, dat heescht, déi ganz Planifikatioun ass ganz opwenneg, mee si ass ënnerwee. Voilà.

An et ass och un den Direktiounen, sech do esou opzestellen, dass si hir Leit kënne begleeden. Voilà.

Och do hu mer mam MIFA e Formatiounskatalog geschnürt, net nëmme fir d'Enseignanten, mee och fir d'Direktiounen.

Do gouf ganz explizitt, ech weess net méi, wien d'Fro gestallt hat, no Allongementer am Zesummenhang gefrot, Sprooch, Michèle Kayser, jo mir hu sechs Allongementer am Deich, déi elo um Deich, déi elo net an den 2.1 kommen, dat si keng reng Allongementer, déi sproochlech baséiert sinn, dat sinn och Saache vu Maturitéit, zum Beispill, voilà, dat heescht, et ass kee klore Befund.

Interessant gëtt et, wa mer elo den Iwwergang an den 3 kréien, wou ee gesäit, wéi déi Alphabetiséierung bei de Knackpunkten am System, et sinn ëmmer d'Iwwergäng am System, déi d'Knackpunkten duerstellen, do muss een dann ofwaarden. Et ass eeben einfach nach ze fréi. An et ass och elo net u mir éischt intern Feedbacke vum Lucet hei ze ... dat mécht schonn de Lucet da selwer, à un moment donné, deen net méi ganz wäit ewech ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Just eng Téschefro: Ech hat am Fong geduecht, insgesamt d'Allongementer vun Diddeleng, dat war meng Fro, net elo spezifesch op déi Alphabetisatiounsklausel.

JOËL MISCHAUX (REGIONALDIREKTER VUM ENSEIGNEMENT): Jo, dat ass nämlech dat nächst, op dat ech wollt agoen. D'Allongementer an engem Cycle 2, och wann de Chiffer héich ass, fannen ech an deem Sënn net schlëmm well et ass am C 1 an am C 2, wou a mengen Aen d'Allongementer dee meeschte Sënn maachen. Mir hu Maturitéitsfroen an engem C 1 a mir hunn Alphabetiséierungsproblematiken, sproochlech gebonnen natierlech dann, an engem C 2. An do ass et un eis ze agéieren. An ech kann et nëmmen all Joer widderhuelen, ech stäerken d'Enseignanten, si sinn déi Professionell a wann se der Meenung sinn, dass dat Kand e weidert Joer brauch an net dat selwecht nach eng Kéier muss maachen, wat et scho gemaach huet, mee do weidermécht an déi weider Kompetenze léiert, déi him gefeelt hunn, da maachen déi Allongementer Sënn, jo, an da sollen d'Enseignanten och de Mutt hunn, dozou ze stoen. Dat selwecht zielt fir d'Commission d'orientation, d'PFS eriwwer an de Lycée. Dat ass net fir näischt, wou ech ëmmer déi zweetmeescht am Land hunn. Et ass net déi zweetgréisst Direktioun. Bon, also, dat heescht, natierlech sinn Allongementer an engem C 2 ganz staark sproochgebonnen.

Ech wollt och nach agoen, dat war och Deng Fro, op d'Langue véhiculaire, Integratiounssprooch, selbstverständlech ass déi am Projet Lëtzebuergesch, et ass net fir näischt, wou mer all déi sougenannten Niewefächer Lëtzebuergesch maachen, et ass evident, dass d'Langue véhiculaire, wann ech op Franséisch alphabetiséieren, Franséisch ass an op Däitsch, Däitsch ass, idem an der Mathé, mir hunn einfach ganz spezifesch Notion-theoricken. Do ass et kloer, dass déi och sproochlech gebonne solle sinn. Mee d'Zil sollt jo awer sinn am Cycle 4, d'Kanner erëm zesummenzeféieren, dofir, Jo, Langue véhiculaire, Lëtzebuergesch, ganz kloer.
Romain Zuang, Du has dat ugeschwat, IEBS, AEBS, déi

zwee. Bon, déi meescht AEBSen, déi mer wäerte rekrutéieren, wäerten an e Stage kommen, well se nei bei der Fonction publique dee Moment ufänken. Mir hunn net méi spéit wéi den nächsten Dënschden den Aarbechtsgrupp, deen ech leeden, fir dee Stage auszeschaffen. Dat heescht, do sinn dann natierlech och Tâchen, déi mat definéiert ginn a esou weider. De Recrutement, dee war mëttwochs virun der Päischtvakanz war d'Tâchegesetz an der Chamberkommissioun an ech mengen, dass et och laanscht de Staatsrot gaangen ass, soudass ech hoffen, dass dat elo iergendwann duerch d'Chamber selwer geet, dass mer de Recrutement kéinten ufänken. D'Wonschvirstellung wär natierlech, am September kënne mat dräi pro Direktioun ze starten, et ass op e puer Joer etaléiert. Et ass natierlech elo an enger éischter Phas un eis, ze definéieren, wou mer d'Besoine vun den AEBSen am stäerkste gesinn.

Elo wollt ech nach kuerz op d'IEBS agoen, Du has dat nämlech och ernimmt kuerz. Also, d'IEBSen, do si mer momentan, wat Diddeleng ugeet, ganz gutt opgestallt an all de Schoulen, mir hunn zwou Majorations de tâches, eng um Deich, eng um Ribeschpont, dat heescht mir hunn nach eng Kéier 50 Prozent bäikrut. Mir hunn zwou Schoulen am Land, déi am Moment keen hunn, soudass mer elo iergendwann an d'konzeptuell Ausaarbechtung wäerte goen, national, an de weidere Recrutement vun neien IEBSen, wou een da muss kucken, wat fir eng Schoule mer definéieren, fir déi nächst anzestellen. Dat huet sech als absolut Plus-value erausgestallt, op alle Fall.

Wellbeing ass op allen Ebenen néideg, net nëmme bei de Kanner, och bei den Enseignanten, bei den Educateuren, ech mengen, dat ass e Stéchwuert in aller Munde. D'Zil vu mir ass et, d'Netz méi enk ze strécken. An dobäi geet et och ëm de Sport, jo, deen dréit nämlech absolut zum Wellbeing bäi, mee och aner Saachen, wéi zum Beispill de Projet Wildnispedagogik, wéi de Projet PLK, Sécher Schoul, wou den Enseignant sech op säi Beruff ka konzentréieren an aner Leit, Professioneller, zur Säit huet, déi hien entlaaschten, Aarbecht an der Famill mat gestalten, ech denken do un den ONE, dat heescht et ass e Gesamtpackage a mir wäerten och weider selbstverständlech déi drëtt Turnstonn promovéieren. Mir waarden elo awer mol d'Lëschten of, dass mer Nimm hunn, Stonnepläng, an da wäerte mer schonn d'Leit kontaktéiere, fir dass d'Kanner an de Genoss vun der drëtter Stonn kommen. Awer eeben och aner Saachen, mee net nëmmen de Sport. Ech mengen, ech hunn alles gesot, wat ech wollt soen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Gutt, dann einstweilen emol Merci. Wien hëlt d'Relève? Den Här Erni Ferrari.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SERVICE ENSEIGNEMENT): Merci Loris Spina. Also dobausse schéngt d'Sonn, mee Dir hutt mech awer e bëssen äiskal erwëscht mat all Äre léiwe Wierder, elo schonn. Ech muss nach e puer Méint kommen, trotzdeem, mee ... et ass ënnerschriwwen, dat ass gelaf, dat heescht, ech hunn och elo keng grouss Ried virbereet, vläicht ëmsou besser, dat muss ech soen. Am Joer 1989 hat ech deemools d'Chance kritt, fir als Chargé kënnen unzefänken hei zu Diddeleng op der Gemeng, ënnert dem deemolege Buergermeeschter Louis Rech a senger Ekipp. Et ware 16 ganz interessant Joer als Chargé, dat muss ee scho soen, ech hu vill fei Leit all déi Jore kennegeléiert, wat mer och natierlech deemools immens gehollef huet, fir dann deen neien Challenge 2005 unzehuele fir als Chef de service vum Enseignement dann ze iwwerhuele wou de Bob deemools opgehalen huet, deemools dann och duerch den Alex Bodry, dee mer d'Vertraue ginn huet, natierlech och, fir deen Job ze iwwerhuelen a senger Ekipp. Ech muss soen, also hei um Bureau, dat war ni en Nullaachtfofzéng-Job an dofir sinn ech och immens dankbar. Et war wierklech spannend all déi Joren, et ass u sech dat wat een sech vun engem Job erwaart oder wënscht, ech op alle Fall mol, dass et ëmmer interessant bleift, ni langweileg gëtt a wou dann och eeben 2009 dat neit Schoulgesetz koum, do huet jo och den deemolegen Inspekter Fernand Kolb mir weiderhin d'Vertraue geschenkt, fir hei am Schoulservice weiderzemaachen. Ech hunn och d'Erlabnis kritt, fir en Detachement ze kréien a voilà. Also, et war jiddefalls ni langweileg.

Et war wierklech super, et war flott ze schaffen an de Schoulkommissiounen, mam Gemengerot, mat allen Ekippen hei op der Gemeng. Duerfir Merci un Iech all, un all Är Virgänger, déi mech och ënnerstëtzt hunn, Josiane, Merci fir déi lescht 7 Joer, wou mer zesummegeschafft hunn. Ech hu elo ganz schnell misse rechnen. Merci fir Däi Vertrauen all déi Joren. Super. Voilà, an dann natierlech net ze vergiessen och déi aner Zerwisser, mat deenen ee muss eens ginn, och dat war ëmmer flott. Also, et war eng gutt Ekipp hei op der Gemeng. Allgemeng muss ee soen, all déi Zerwisser, déi mer hei hunn, mat deenen ech ze dinn hat, et war ëmmer wierklech flott, ze schaffe mat deenen. Voilà. Ech hoffen och, dass ech dann dem Tom Michel all wichteg Informatiounen déi lescht Jore konnt mat op de Wee ginn, déi hien elo brauch fir d'Zukunft. Ech hoffen, ech hu mäin Job an deem Punkt gemaach. Wann net, da sees Du mer et, ma ech sinn net allze wäit ewech. Bon, natierlech och Merci un d'Direktioun, de Ministère, dass ech iwwerhaapt déi Chance krut, fir, däerfen hei op der Gemeng weiderzemaachen, well dat war ass, d'Ganz ass jo och nëmme mat Ärem Accord geschitt, also och Merci un Deng ganz Ekipp. Esou, ech hoffen, ech hu elo wierklech kee vergiess. Bon, wat ech elo versprïechen a menger Pensioun, jo, ech wäert mäi Bescht draus maachen. Ech wäert et och genéissen, fir mueres net mussen net nëmmen um 7, mee schonn ëm hallwer 7 de Computer aschalten. Dat huet jo e bësse geännert déi lescht Joer an dat ass jo no vir geréckelt ginn. Voilà, dat elo mol dozou.

An da komme mer elo eeben zu deene Saachen, wou ech awer nach muss erfëllen, déi drëtt Turnstonn. Also, fir déi drëtt Turnstonn, dat geet elo un. Wat ass den normale Wee, wéi mer virginn? An enger éischter Phas kucke mer ëmmer fir déi normal Schwammstonnen, also déi 2 éischt Schwammstonnen ze placéieren. Dat heescht, u sech deele mer déi Schwammstonnen op, A a B-Woch, op déi verschidde Schoulen, an zwar esou, dass et natierlech herno esou laanschtenee geet, dass och herno de Cycle 1 vum Turnsall ka profitéieren, wann den Cycle 2-4 grad an der Schwämm ass. Dat heescht

also, eng éischt Phas, et ginn d'Schwammstonne vun eis am Schoulservice normalerweis placéiert. Mir kucken natierlech och, wann d'Schoule mol extra Wënsch hunn, fir déi och eventuell ënnerzekréien. De Schwammplang hu mer vum Tom Schumacher kritt. D'Plagen, déi eis zur Verfügung stinn, musse mir eebe just elo an den nächsten Deeg dann eeben déi Plagen, déi noutwendeg sinn, placéieren. Da wär déi Etapp gemaach. Bon, wéi war et soss an der Vergaangenheet ëmmer, wa mer déi Etapp bis gemaach hunn, dann hunn d'Schoulen hir Plagë matgedeelt kritt an da konnten se schonn hir Klasse placéieren op déi eenzel Schwammplagen.

Dono ass dann déi nächst Etapp komm, an déi ass awer elo am leschte Joer meeschtens eréischt am September geschitt, dass d'Schoul dann déi aner Dechargë placéiert hunn. Bon, wéi Dir wësst, eng Klass am Cycle 2-4 huet 28 Stonnen, en Enseignant schafft 23 Stonnen oder esouguer nëmme manner, en Titulaire vun enger Klass, dat heescht, da ginn nach déi aner Stonnen, Dechargen, déi déi Enseignanten hunn, déi ginn dann och nach gewielt. An dat ass meeschtens elo réischt am September geschitt. An dann, wann d'Schoul ugaangen ass, bon, dann hate mer d'Stonnepläng och zesummen. Ech wollt elo einfach an där Hinsicht nach eng Kéier eng, zwou Wochen elo nach ofwaarden, well mir kréie jo trotzdeem e puer neie Kommiteeën an éier mer elo iergendwéi awer eppes placéieren, wollt ech mat deenen neie Kommiteeën och kucken, wat si nach vläicht vun Iddien hunn, och betreffend déi drëtt Turnstonn.

An dann, wann dat bis bekannt ass, da musse mer kucke wat mer als nächst Etapp maachen, ob mer do déi drëtt Turnstonn placéiere ginn oder ob mer fir d'éischt déi Niewefächer ofwaarden, dass déi gewielt gi sinn an dann eréischt dono mat der drëtter Turnstonn weider kucken, wéi eng Méiglechkeete mat den Turnsäll do sinn, mat de Plagen, wou déi Enseignanten nach kënnen eppes wielen. Do wollte mer awer elo wierklech näischt iwwerstierzen, dass mer elo net eppes imposéiere vun eis aus an dass dat herno awer net gewënscht ass oder net realisabel ass. Dofir kann et elo sinn, dass mer dat eréischt genee am September wëssen. Vläit awer och ass et schonn am Juli och schonn decidéiert. Dat huet och ëmmer an der leschter Zäit domat ze di gehat, wéi schnell d'Posten och besat sinn.

JOËL MISCHAUX (REGIONALDIREKTER VUM ENSEIGNEMENT): An d'Dechargen, d'Quereinsteiger, déi mer elo net méi hunn, dat huet mam Rekrutement ze dinn och. Do kommen d'Lëschten, déi elo stattfannen. Mir wëssen net, wéi vill Stonnen déi Leit prestéieren. Dat sinn net nëmme ganz jonker, do si Leit dobäi, déi Decharge Tâchen hunn, dat heescht de Cumul vun de Stonnen ass nach guer net gemaach. Hannendru kënnt de Rekrutement nom Concours vun den Enseignants-stagiairen, de futur Enseignants-stagiairen, déi vun den Unie kommen, déi hunn Dechargen. E Conseil pédagogique kritt Decharge an da kënnt nach de BFP, deen elo nei ass op der Uni, wou mer net wëssen, ob mer esou ee kréien. Dat heescht, et ass nach ze fréi. Et gëtt nach e ganze Package vu Stonne fräi.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SERVICE ENSEIGNEMENT): Voilà, an dat ass dann eeben och de Grond gewiescht firwat déi lescht Joer d'Schoulen ëmmer réischt am September dann hir Stonnepläng gemaach hunn. An da kënnt jo och nach dobäi, dee ganze Cycle 1 wëllt awer an de Bësch goe mat de Kanner, dat muss jo och nach ageplangt ginn an, wéi gesot einfach mol ofwaarden, wat elo d'Kommiteeën an och déi nei Kommiteeën do vun Erwaardungen hunn an da wësse mer, wéi mir dat Ganzt organiséiere kënnen. Bon, ech hoffen, d'Fro ass domadder iergendwéi beäntwert ginn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, well ech se gestallt hunn, äntweren ech dach. Merci, also, et mécht jo absolut Sënn, fir mat deenen neie Kommiteeën dat do ze kucken. Ech mengen, si sinn déi, déi och mussen dat dote mat organiséieren herno hannen eraus. Merci.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SERVICE ENSEIGNEMENT): Well effektiv, wéi gesot bon, zwee Kommiteeë stinn zwar scho plus minus, déi vum Brill-Lenkschléi, dat ass méi oder wéineger déi selwecht Ekipp, wéi mer bis elo haten, mee vun anere fënnef Kommiteeë wësse mer nach guer net, wéi se ausgesinn an do kënnen och jo gréisser Changementer kommen an eeben och nei Iddien nach fléissen an et wär net schlecht, fir einfach ofzewaarden, wéi si dat Ganzt dann och nach wëllen handhaben an organiséieren, och schoulintern. Voilà.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Gutt, da soen ech emol Merci dem Erni Ferrari, et ass och berouegend, ze wëssen, dass Du déi puer nächst Méint nach hei bleifs a schaffs, well et ass nach genuch Aarbecht do a bestëmmt och nach deen een oder aneren Astuce, deen s Du dem Tom Michel kanns mat op de Wee ginn. Op jiddwer Fall interessant, dee klengen Historique, deen s Du eis virgeluecht hues. An dat Vertrauen, dat s Du iwwert all déi Jore kritt hues, a fir dat s Du Merci gesot hues, mee ech mengen, Vertraue verdéngt een sech an deementspriechend ass alles an der Rei. Voilà. Dann, mengen ech, huet den Erni Hoffmann och nach e puer Äntwerte fir eis parat.

ERNI HOFFMANN (CHEF DE SERVICE VUM SEA): Gudde Mëtteg, ech probéieren, e bësse chronologesch op déi Froen anzegoen. Et waren der e puer iwwergräifend, wat d'Agremente betrëfft. Bon, déi éischt Fro, Kanner an de Vakanzen, déi vill Inscriptiounen, mir wëssen, dass mer ongeféier bei 1.200 leien, mir haten d'Analys gemaach, nach vum leschte Schouljoer, net vun deem lafende Joer, well dat nach net ofgeschloss ass, mee do hate mer vun deenen 1.200 Kanner, déi normalerweis bei eis kommen, hate mer 11 Kanner identifizéiert, déi eeben e bëssen ënner déi 4 Wochen do falen, awer dat war d'Inscriptioun au début, net onbedéngt d'Fréquentation nette herno. Wéi mer dat gekuckt hunn, d'Fréquentation nette, do hate mer nach 2 Kanner, déi do drënner gefall sinn, dass se praktesch permanent ageschriwwe waren an och vill do waren, also ech mengen, 11 Deeg, wann ech mech richteg entsënnen. Ech hunn dat elo net derbäi, well ech elo an der Schoulorganisatioun net op déi Froen do gefaasst war. Mee mir hunn do scho Buch gefouert. Mir maachen dat elo all Joer a mir ginn do aktiv an d'Elterenaarbecht mat deenen Elteren, fir ze kucken, ob dat dann och esou vill néideg ass. Voilà. Ech weess, dass déi Fro do all Joers an der Schoulkom-

missioun opkomm ass an ech kann ëmmer nëmme mat deenen Zuelen äntweren, déi mer grad ermëttelt hunn an, vill an net vill, e Chef de service huet do mat deenen Terminologien ëmmer Schwieregkeeten, da kuckt en d'Zuelen an dann ass d'Saach vläicht nach ëmmer en Theema fir déi puer Kanner, ganz kloer, awer net méi dat Theema, wou mer dann andauernd erëm musse soen, d'Kanner si permanent an de Strukturen.

Zum Precoce. Bon, mir haten och elo vun den Zuele geschwat, e bësse mat den Inscriptioune fir d'neit Schouljoer. Mir wäerten et erëm fäerdegbréngen ech mengen, Dir hutt dat selwer votéiert, wann Der Iech erënnert, d'lescht Kalennerjoer hutt Dir scho 6 Poste validéiert ab dem Juli fir d'Hallefjoer, 3-4 Erzéierposten, 2 Qualifiésposten, déi och do sinn, fir an sech dee Wuesstem, deen ëmmer erëm do ass, an der neier Rentrée vun dem Joer drop am September opzefänken. An ech mengen, och dëst Joer, dat war elo nach net esou prezis gesot ginn, et muss een awer och soen, dass mer awer och e bëssen op e Wee gaange sinn, deen net ëmmer gemittlech ass, am Ribeschpont an och Brill-Lenkeschléi, an de Precoce-Gruppen, déi ëmmer nëmmen op 16 limitéiert sinn, déi 6 Gruppen, gi mer awer elo rop, dass mer schonn do eng Partie bis zu 8 Kanner méi eranhuelen, wat jo dann awer eigentlech schonn ëmmer op all Site eng Ressource vun deene 6 neien da schonns beansprucht. Voilà.

Inscriptioune vu Kanner vun den Enseignanten, also do ass et ëmmer esou, dass mir esou verfueren, dass mer hinne schonn erméiglechen, am Ufank emol 3 - et ass oft d'Mëttesstonnen, wou d'Concertatioune sinn - dass se do kënne mol déi 3 Inscriptioune maachen. An an deem Moment, wou da feststeet, wéi eng Mëttestonn et ass, dass se dann déi och kréien an déi aner 2 sech liberéieren. An do probéiere mer partiell Admissioune fir aner Kanner an dat ginn heiansdo dann awer erëm ganz Woche fir aner Kanner, wann deen an deen aneren Enseignant zesummen do ass an engem Gebai, dat probéiere mer ze erméiglechen. Dat liberéiert awer nëmme Plazen, wou mer nach probéieren, Kanner do wierklech eranzekréie wou et méiglech ass. Ech mengen, dëst Joer si mer elo nach amgaang, mir sinn elo um Wupp vun der Analys vun all den Dossieren an, wéi mer dat ëmmer nennen, eis Commission de validation, well och am Juli, wa mer dann och déi definitiv Zuelen hunn a virun allem déi Affektatioun vun deene Kanner, déi nach e bëssen opstinn, well dat ass nach ëmmer net kloer bis e gewëssene Moment, wou se da wierklech an d'Schoul ginn, dass mer dann och dann eeben e Bréif maachen un d'Eltere virum Summer, wéi all Joer, fir dass se d'Confirmatioun kréien an do kommen dann och ëmmer méi Kanner eran, mee bon, alles huet seng Limitten.

Wou een dann och schonn direkt bei der Restauratioun ass. Ech mengen, et ass och elo kee Geheimnis, dass mir mat eiser fréierer Cuisine de production iwwer de Ministère de l'Environnement och nëmmen eng gewëssen Zuel vu méigleche Menuen hunn. Déi Menuen, do si mer nach net grad ukomm um Plaffong, mee awer bal. Ech mengen, da spillt eis ëmmer e bëssen an d'Kaart, dass mer awer e gewëssenen Absenteismus hunn iergendwou vun de Kanner iwwer d'Joer oder pro Dag. Dat summéiert sech iwwer déi 12 Strukture schonn, dat ass kloer.

Ech mengen, dass et elo kee Geheimnis ass, dass d'Cuisine de production an deenen nächsten neie Strukture wéi Balzeng net virgesinn ass. Do ass eng Cuisine de régénération an do wäerte mer iergendwann eng Kéier an d'Dynamik kommen, dass mer sécherlech vläit nach eng Kéier en zweete Cahier de charges maachen, wann et net muss dee selwechte Prestataire sinn, wou d'Iesse vu baussen ugeliwwert gëtt, erofgekillt, den Dag virdru gekacht an da regeneréiert. Et sinn aner Kichen, hunn awer de Virdeel, dass een net vill kostbar Plaz an der Struktur selwer, déi fir d'Kanner dann zegutt kënnt, muss opferen. Dat ass eng aner Approche. Et ass awer och eng - wann een d'Vitaminne kuckt - eng méi gënschteg well d'Iessen ass de facto an der Zomm vum Kachen, och wann et den Dag virdrun ass, mam ofkillen a mam regeneréieren, manner Stonne waarm an iergendengem Bac wéi bei der klassescher Produktioun. Dat muss een och emol esou gesinn, do sinn och an de leschten zéng Joer vill Renouvelementer an deem Sënn komm.

Da bleiwe mer beim Iessen. Ech mengen, Menü, bon, kannergerecht, 2 Choixe bei de Menüen, ech hunn awer och elo zwou Saachen héieren, also, déi Menüe si schonn equilibréiert, si si scho verbessert ginn, mir hunn och en anert A drop geworf, vill Zäit dra gestach, et muss een awer och soen, dass am neie Cahier de charges, dee mer jo mat engem Prestataire externe, mat engem anere Partner zesummen entwéckelt hunn, deen och an der Diététique vill méi doheem ass, och deen engagéiert hunn, ab dem September mam neie Cahier de charges an och méi e pousséierte Suivi ze maachen. Ech mengen, och dat hutt Dir votéiert an eisem Budget, dass do eng Zeil bäikomm ass mat engem Partner, deen eis do hëlleft, an dat gëtt natierlech d'Joer drop 2025, wann een dat natierlech op 12 Méint streckt, da geet deen Article budgétaire da logescherweis 2025 an d'Luucht, well 2024 ass en nëmme mam neie Cahier de charges, wou en ab de 15. September antrëtt.

Jo, wéi gesot, mam Cahier de charges, do war jo och d'Fro, wéi gesot, mir hunn net méi spéit wéi muar, de Marché ass op, d'Soumissioun gouf gemaach, mir hunn d'Kandidaturen erakritt, mir hu vun deem Prestataire externe do eng Analys maache gelooss a muar de Moie kucke mer do d'Resultater, mir hu jo do e Kalenner ze respektéieren, dee legal ass, fir ze kucken, ob dat dee Prestataire bleift ab dem 15. September oder ob dat vläicht en anere gëtt. Do gouf et jo e ganze Katalog vu Punkten, déi a Prozenter ëmgerechent ginn, vum Präis bis d'Qualitéit vun nach allen anere Prestatioune, wou se ginn. Dat kucke mer eis dann un an dat wäert dann nach iergendwann, wann dat an deene legalen Terminer ka public gemaach ginn, gëtt dat public. Do hu jo och nach d'Firmen, déi vläit net berücksichtegt ginn an enger éischter Phas, eng Recoursméiglechkeet oder bezéiungsweis kënne mol Froe stellen oder, dat muss jo ganz offe sinn, wéi de Marché public et jo och virgesäit.

Cuisine de production, Geréch, Lenkeschléi, also, ech

weess elo net, ob et do méi richt wéi an deenen dräi anere Kichen, an déi sinn och matzen an enger Schoul, also, dat hat ech och elo nach ni esou héieren, et ass bestëmmt, also, ech mengen, d'Leit erziele jo keng Geschichten. Ech denke schonn, dat ass pertinent, do kënne mer awer op de Prestataire zeréckkommen, déi neisten Hotten, dass déi elo manner gutt ofsaugen ewéi wéi an deenen dräi anere Kichen, déi däitlech méi al sinn, dat géif mech och wonneren. Bon, mir kënnen eis awer domadder befaassen, ech mengen,  mir probéieren, an der Qualitéit besser ze ginn an dat hu mer och schonn déi aner Kéier gesot an och schonn an eiser Schoulkommissioun, et ass en echt Theema an et muss een Zäit dra stiechen an ech hoffen, dass mer och elo geschwënn och intern déi Ressourcen erëm hunn, wou mer eis och kënnen dorobber konzentréieren. Awer et ass e pertinent Theema.

Mee mir sinn och gefuerdert als Personal, well och mir de Kanner d'Iesse verkafen, tëschent Guillemeten, och wa mer et ofkafe vun engem Prestataire, dat ass och e wichtegt Theema. Bon, zwéngen, do di mer eis méi schwéier. Vläicht huet ee mam Zwénge soss an der Zäit méi an d'Kand erakritt vun deem gudde Geméis, ech weess et awer net, ob dat nohalteg eppes bréngt. Dat ass eeben d'Fro. Voilà. Do wëlle mer net hi kommen, ech hat awer verstanen, dass dat elo net esou gemengt war am Sënn vun, dass elo aner Zäite besser waren. Voilà.

Ech denken dat war et mol zu de Kichen, de Cahier de charges, bon, elo zu deem Volet mat den Agremente, dat ass jo ganz wichteg. Bon, wann ech ufänken engersäits d'Gaffelt, do hu mer en Avis sur plan, dee positiv war vum Ministère. Mir hunn alles eragescheckt, mir hunn eng Autorisation d'exploitation vun 216, wat elo d'Maison Relais betrëfft, déi Raim, déi eligibel sinn an enger Gaffelt no där Ëmstrukturéierung, mir hunn e ganze Koup Aarbechten och - do  dem Service vum Joël Freitas e grousse Merci - mat der Zesummenaarbecht, wou elo schonn Transformatioune gemaach goufen. Alles konnt natierlech elo net gemaach ginn. Et gëtt nach e Batz gemaach am Summer, well d'Toilettë modifizéieren, dat geet jo och net an enger Vakanz einfach esou. Mir hunn - wéi gesot - do op de Pläng schonn all déi Handlungsfelder, déi och virdru schonn ubenannt goufen, agedroen, eng permanent Utilisatioun vun der Schoul an all eise Säll war an der Schoulzäit ganz wëllkomm, absolut kee Problem, mee och do - wéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries sot   - eng super Zesummenaarbecht och mat der Ënnerstëtzung vun der Schouldirektioun vun deem Groupe de travail. Dat war scho ganz gutt an e kollaterale Gewënn war och, dass d'Leit sech mol kennegeléiert hunn, déi ënnert engem Daach waren, aus engem Groupe de travail geet een och herno aneschters an de Relatiounen eraus, wéi ee vläicht ugefaangen huet, zemools, wann et eng Reussite gëtt fir d'Kanner, fir d'Personal vun deenen zwou Entitéiten.

Mir wäerten am September eng d'Visite vum Agrement hunn, wann alles ofgeschloss ass, wa mer alles installéiert hunn an och d'Material, da kréie mer awer eréischt déi echt Zuel vu Kanner, déi et elo kënne méi iwwer déi 136 sinn, also, mir peilen do schonn eppes an déi 190 un. Mir mussen natierlech elo kucken, ob dat wierklech definitiv zu enger awer méi grousser Demande passt. Mir hoffen, also wann et nach iergend ee Mouvement gëtt, dann e minimaalt, awer mir hoffen se schonn zumindest ausserhalb vun deenen dräi grousse Mëttesstonnen, méindes, mëttwochs a freides, alleguerte sécher ënnerzekréien.

De Rescht, dat steet a bëssen un de Stären. Do musse mer nach kucken an eventuell och nach mat Mouvementer vu Kanner, déi vläicht nach plënneren, wéi och ëmmer. Also, dat ass awer mol op jidde Fall d'Zilsetzung, dat degagéiert natierlech e bësse méi Disponibilitéiten, zemools an engem Ribeschpont, deen an sech – tëschent Guillemeten - am leidtragendste war mat iwwer 40 Kanner, déi aus der Gaffelt an de Ribeschpont iesse gaange sinn, zemools déi dräi grouss Mëttesstonnen, plus nach dënschdes, donneschdes och, dat kréie mer evitéiert. Ech mengen och fir déi Kanner, virun allem fir déi Kanner ass et wichteg, dass, dass se méi flott Mëttesstonnen hunn a sech och kënne raschten an eppes spillen. Also wann een awer en Deel vun de Mëttesstonnen am Bus aller-retour, och wann et net esou wäit ass iwwer d'Lëtzebuerger Strooss, verbréngt, dat ass net esou flott wéi wann een sech emol kann erblosen an och méi fit erëm nomëttes an d'Schoul ka goen oder och méi fit an den Nomëtteg mat eis. Voilà, dat dozou. Also, dat steet elo nach e bëssen op, do musse mer e bësse Gedold hunn, mir hunn e Plang A, mir hunn e Plang B, sou datt - wéi ech schonn d'lescht Kéier hei gesot hat am Conseil communal – esou datt eigentlech dofir net kee Kand méi oder manner erakënnt, also dat ass schonn déi Zuel, déi erakënnt, herno natierlech wéi um Ribeschpont, no Méiglechkeeten. Voilà.

Zum Strutzbierg, mat deene Klassesäll, bon, ech hat ëmmer verstanen, wéi wann och d'Schoul, do kann ech awer gär korrigéiert ginn, erpicht wier, dass d'Cyclesklassen och beienee regruppéiert ginn. D'leschte Joer koum eng Klass C 1 bäi, déi ass dunn an d'Haaptgebai, wou nach e Sall fräi war, e ganze Sall fräi war, integréiert ginn, also déi Cycle-1-Klassen, déi hu schonn eng Proximitéit, déi ëmmer verlaangt ass. An déi eenzel Precoce-Klass, dat hu mir jo net nëmmen do, dat hu mir jo an anere Gebaier, wéi um Ribeschpont, wou eng eenzel Precoce-Klass ass, do ginn et der souguer zwou, déi si mol net beieneen an deem selwechten Altersniveau. Voilà.

Zum Wolkeschdall, dat ass en eescht Theema, schéngt och e grousst Theema ze sinn, fir eis geet et emol d'office drop aus an dat hu mer och an den Direktiounen - och virun allem do nach eng Kéier dem Joël Mischaux e grousse Merci fir déi Ënnerstëtzung an deem Dossier an och virun allem dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, fir dass mer do konnte virukommen. Sécherlech geet dat och ëmmer mat Mënschen, et ass nach net ofgeschloss, mir sinn awer elo op engem gudde Wee.

Eng Mise en demeure, also, dat ass elo esou, dass e Ministère schonn duerch en Agent regional - juste pour la petite histoire - eis kontrolléiert an der pedagogescher Ëmsetzung vun der Aarbecht. Wann déi natierlech feststellen, dass Saachen, déi ofgemaach goufen, net agehale ginn oder net ëmgesat goufen, a vläicht ware mer och am Wolkeschdall do net konsequent ge-

nuch, dass mer do dru gehalen hunn, ech mengen, scho säit 2021 hu mir ënnerschriwwe vum Buergermeeschter, dass mir an dee Klassesall eraginn. Dat geléngt komescherweis op véier anere Sitten ouni Problem.

Mir sinn an engem Brill-Lenkeschléi an deenen zwee Säll, mir sinn an engem Balzeng an zwee Säll, mir sinn an engem Ribeschpont zesummen a Co-Utilisatioun an deem neie Bau mat dem Precoce - vläicht kann een do soen, den Enseignant wousst op wat, sech aléisst - a mir sinn an enger Gaffelt, och an enger Precoce an enger Co-Utilisatioun. Och wann de Sall elo ännert, bleift déi selwecht Konstellatioun. Et héiert een natierlech ëmmer do, wou et net klappt, am meeschten awer op deene véier Plazen, vläicht net all Dag reiwungslos, awer klappt. Wou et dorunner hänkt, dat ass eng aner Saach. Bon, wéi gesot, ech mengen, mir si elo do amgaang, mir hunn eng super Zesummenaarbecht, mir waren och wéineg an der Direktioun selwer derbäi, mir waren um Terrain selwer an do mierken ech schonn, dass awer vill op deenen zwou Säiten d'Leit ufänken, do wierklech Waasser an de Wäin ze schëdden, ouni dass iergendee Perdant soll sinn a virun allem, ech mengen, et ass ee Gagnant jo bei der ganzer Geschicht, dat sinn déi Kanner, déi mer net iergendwou aneschters deplacéiere wëllen.

Genau dat, wat mer dann an de Gaffelt wëlle kreéieren, géife mer dann am Wolkeschdall provozéieren. An déi Infrastruktur gëtt et hier, mee ech denken, et muss een der Saach och elo eng Chance loossen. Also, de Wolkeschdall ass ëmmer nëmmen en Deel vum Agrement vun der Schwämm. Si hu festgestallt, dass dat net gutt ass. De Ministère kucke komm, sot, jo, net gutt, mee mir ginn lech  eng Chance drun ze schaffen. Mir kruten en halleft Joer, ech denken, dat gouf genotzt, an ech denken, dat gëtt och eng Reussite. Ech hunn elo Vertrauen an d'Leit op deenen zwou Säiten. Wann dann natierlech och nach esou Saache sinn, ech hat hei elo héieren, Container an den Haff, ma neen, mir hunn deen Haff elo mol nei konzipéiert, dee gëtt elo ëmgebaut als nei Spillplaz, da kënne mer do net nach e Container drapraffen, also, da si mer erëm au détriment des enfants, just well bannent de Mauere vläicht e Problem ass mat de Mënschen, déi do Schwieregkeeten hunn.

Reegelen, weess ech elo net esou genau, also, ech si schonn ëmmer fir gemeinsam Reegelen, mee och Kanner, och esouguer kleng Kanner kënne verstoen, dass vläicht zu engem Moment et e bësse méi esou ass oder aneschters, do hunn ech och voll Vertrauen,  mee et ass eis ass, hinnen dat ze vermëttelen, do si mir déi Professionell. Et kann natierlech net eng Reegel sinn, dass ee schéi faarweg Buggien huet an si däerfen nëmmen zu enger gewëssener Zäit vum Dag genotzt ginn, well soss ass et net méi genuch dra fir herno, do sinn ech och d'accord. Also, esou gemeinsam oder differenzéiert Reegelen, dat fannen ech och net glécklech. Dat gëtt et awer. Bon, déi aner Saach ass déi mat Bibliothéiken. Bibliothéiken huet näischt mat der Maison Relais ze dinn. Dat huet mat engem Rapport ze di vun eisem Sécherheetsbeoptraagte vun der Gemeng, dee gesot huet, datt inflammable Objeten, dräi Bibliothéiken aus Holz mat Tonne Bicher näischt an engem Gang verluer hunn. An dat ass genau do, wou mir och eis Still vun der Maison relais och all elo eraushuelen, fir dass mir eeben endlech dee Klassesall och kënnen esou notzen, wéi et soll sinn an ech fannen, do ass awer schonn e super Openee goen an de leschte Woche komm an do héieren ech gutt Saachen an dann hoffen ech, dass dat och reusséiert, fir dass mer deen Agrement an deem Sënn oder deen Deelagrement oprecht erhale kënnen.

Voilà, ech hoffen, ech hunn elo alles beäntwert. Bon, do war jo nach just eng kleng Saach zum Schluss. Mir hunn dëst Joer fir d'éischt d'Kéier, dat ass e bëssen nei, eng Semaine de transition, dat hate mer elo nach guer net ze Diddeleng, mir maachen dat elo an der leschter Woch an der Vakanz, do si mer véier Deeg op vu méindes bis donneschdes, freides ass jo zou virun der Rentrée dee leschten Dag, an do maache mer all d'Sitten op an och all d'Kanner sinn op deem Site, wou se de 15. oder dëst Joer, de 16. wäerten ageschoult ginn.

Also dass d'Kanner awer schonn alles gesinn, well deen onmoossege Stress, zemools fir méi kleng Kanner oder Kanner, déi an deem Alter sinn, well se d'Schoulgebai wiesselen an an eng aner Maison Relais kommen, also den éischte Schouldag ass jo alles. D'Eltere si mat nervös. Do si mer wierklech elo op de Wee gaangen, dass déi Elteren, déi dat kënnen, an do hu mer och eis futur Kanner, also futur Precoce-Kanner, am éischte Spillschoulsjoer, déi eréischt kommen, déi schreiwe mer elo nach un, dass mer dat ganz Personal, do hate mer e Block vun de Congéë gemaach, dat ass och do, dat heescht mir packen se alleguerten, mir gi souguer mat deene Kanner, déi wäerte vläicht fir eng Mëttesstonn awer nach Butschebuerg zum Beispill, hu mer awer der nach déi erof an de Ribeschpont ginn, gi mer dann och een zwee Mol dohinner iessen, fir dass déi, déi dat nei erliewen, manner Stress hunn a schonn an der leschter Vakanzewoch gesinn, ah, dat doten ass do, dat heescht, déi éischte Kéier wou ech erakommen an et si vill Kanner do, dann hunn ech awer scho menge Repèren.

Dat ass en Deel vun der Erklärung vun enger Transitioun an dat hu mer gemaach, mee do ware vill Hürden ze huelen. De Schäfferot war do och direkt mat, natierlech geet dat mat engem Nettoyage, mat enger Conciergerie, mat Leit, déi dann déi lescht Woch do kee Congé kréien. Dat ass net deen einfachste Wee, mee ech mengen, mir wäerte ganz vill fir d'Kanner do erreechen, fir do esou eng Transitiounswoch ze realiséieren. Voilà. Wann ech nach eng Fro vergiess hunn, gären.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Einstweilen emol Merci dem Erni Hoffmann an da ginn ech dovunner aus, dass d'Josiane Di Bartolomeo-Ries nach e puer Wuert wäert soen. Ech hat awer nach eppes vergiess, ech wollt awer soen, villmools Merci, Erni Ferrari. Ech sinn deen, deen am mannste laang mat Dir zesummegeschafft huet an ech géif dat elo nennen: Ech war frou, mat dir dierfen zesummenzeschaffen. Voilà, da wär dat och gekläert. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Villmools Merci, ech wäert dann elo nach op déi aner Saachen agoen, déi jo net scho beäntwert gi sinn. Ech mengen, do bleift net méi vill. Jo, et war scho gutt beäntwert. Ech wëll awer vläicht direkt unhänken, ech mengen, den Ern huet dat gutt erkläert.

Wolkeschdall, ech weess, datt dat schwiereg ass, wann do esou Neierunge kommen, do sinn och Leit, déi sech e bësse méi schwéier doen domat. Ech mengen awer, souwuel den Erni Hoffmann wéi och de Joël Mischaux an ech selwer hunn eis zur Verfügung gestallt, fir Workshoppe matzemaachen. Mir probéiere wierklech eis Bescht, fir do deen Agrement ze behalen. Ech mengen, d'Visitt ass elo Enn Juni, dat, dat ass net am September, déi ass am Enn Juni, do wäerten si d'Visitt maachen an da wäerten si eis hei scho matdeelen, ob et klappt oder net. Natierlech, den Ern huet dat gutt gesot, hei hänkt et heiansdo um Mënsch. Si waren ëmmer eleng am Gebai an et war am Fong ëmmer gesot, OK, mir maachen elo eng Maison Relais, mir hunn net genuch Plazen an elo op eemol soll déi Maison Relais jo nach do bleiwen an et sollen Ëmännerunge kommen, datt dat eng schwiereg Prozedur ass, dat kann ech duerchaus novollzéien, mee ech maachen awer och eng Kéier en Appell, well ech weess jo, vu wou d'Madamm Kayser d'Informatiounen hierhuet.

En Appell, hei geet et ëm Kanner. An ech fannen et, och wann se an engem Gebai sinn, dat ass et esou ee flotte Site, mir kréien do iwwer honnert Meterkaree méi Bausseflääch, wann de Schoulhaff nei gemaach gëtt. Ech fannen awer, dat misst méiglech sinn, fir do déi puer Kanner, déi do an der Maison Relais sinn an och mëttes an der Betreiung, datt mer déi kënnen dohalen. Mat e bësse gudde Wëllen, mengen ech, vu béide Säiten, misst dat klappen. Voilà.

Da wëll ech awer drop agoen, d'Madamm Kayser hat gefrot, um Deich, wann de Kand do am Projet ass an et plënnert, däerf et dann awer do bleiwen, wann et innerhalb vun der Gemeng plënnert? Jo, dat heescht, dat hate mer ëmmer esou gesot, dat hate mer vun Ufank u festgehalen, dat Kand däerf weider an deem Projet bleiwen.

Dann awer, d'Maison Relais, natierlech, jo, wann et eppes fir näischt gëtt,... ech wollt dat elo kengem ënnerstellen, mee et ass awer och einfach realistesch. Mir bidden e Menü mëttes zemools fir Familljen, wou et vläicht och net esou gutt geet, déi nach de Wonsch hätten, hir Kanner ze hunn, ass et natierlech, wann déi op d'Offer an der Maison Relais zréckgräifen. Da ginn déi hir Kanner dohinner, doduerch geet dat an d'Luucht. Ech fannen dat awer ganz normal, et gesäit een, an dat gesäit ganz vill, datt et u Suen hänkt, well wa mer d'Maison-Relais Lenkeschléi kucken, muss ech soen, datt do kee grousse Undrang ass, datt do éischter d'Kanner heemginn an och ganz wéineg Kanner an der Maison Relais sinn. Dat huet wierklech eppes mat engem sozialen Aspekt ze dinn. Leit, déi manner Suen hunn, déi sech et net kënne leeschten, kënnen och net hir Kanner ëmmer siche goen. Dofir passe mer och ganz gutt dorobber op.

Ganzaschreiwungen, jo, dat ass e Phenomeen. Ech kann awer soen, vu wat dee kënnt, Ganzaschreiwungen an der Maison Relais an am September trieden se net un. Wann ee Proff ass oder esou, da kritt ee meeschtens eréischt Enn August säi Programm matgedeelt an da kommen ëmmer Ännerungen an déi schreiwen hir Kanner einfach ganz an, fir awer och Recht ze hunn op Plagen.

Da vläicht d'Schülerzuel Baltzeng, ech mengen, d'Madamm Kayser hat dat och ugeschwat, mir sinn erofgaangen, mir gi vun 325 elo op eemol op 240. Mir hunn eng Etüd virgestallt kritt, wéi d'Entwécklung an deem Quartier ass bis 2035, an do krute mer och ganz kloer gesot, esou vill Kanner wäerten do bäikommen, esou vill musst Dir bauen. Mir sinn net erofgaangen, ouni net virdrun ze préiwen, ob et méiglech ass, op engem anere Site nach eppes ze setzen. A mir hu fir de Ribeschpont just eng kleng Etüd gemaach, näischt Riseges. Um Ribeschpont ass et méiglech, den Ausbau ze maachen, dat heescht, et kéint een nach eng Kéier esou eng Maison Relais dohinner setze wéi mer elo de Moment hunn. De Präis, jo, 40 Milliounen Euro ass net bëlleg. Ech hunn awer och Käl, dat stoung esou léif an der Zeitung, déi bauen eng Schoul mat 500 Schoulkanner, déi 40 Milliounen Euro kascht a mir bauen eng fir 300 oder 240 Kanner, dat ass net wouer. Also, mir hunn zu Käl nogefrot, also an déi Schoul komme just 236 nei Kanner eran, do war schonn en Deel, dee stoung, an dat ass et dann einfach global esou gesot ginn, 500 Kanner. Also mir leie präislech gutt. Ech muss och soen, datt si ganz vill, datt mir och ganz vill mam Büro selwer, mat WW+ drop oppassen, datt hei op kee Fall herno musse Milliounen nogestëmmt ginn, well dat ass jo ëmmer dat, wat d'Saach problematesch mécht.

Dann, d'Maison Relais Butschebuerg, Dir hutt d'Fro gestallt, 100.000 Euro, ech hat se awer scho mengen ech beäntwert, dat ass am Fong esou, mir maachen elo Etüde fir do op deem Bongert, deen hannert der Schoul läit, deen eis gehéiert, kënnen eng Maison Relais opzeriichten. Mir wëssen, datt Butschebuerg keng gutt Maison Relais huet an do maache mer elo d'Etüden. A mir hunn d'nächst Joer och nach Etüden do virgesi, well mer wëllen do relativ séier reagéieren. Wann d'Etüde bis fäerdeg sinn, den Avant-Projet sommaire ofgeschloss ass, da kann een och ganz schnell bauen. Dofir hu mer elo d'Etüden.

Schoul Deich, den Ausbau, ech mengen, deen ass hei net ernimmt, Madamm Kayser, mee och do si mer amgaangen, den Ausbau ze maachen. NeiSchmelz, natierlech, jo och do mussen éischt Etüden ulafen. Do ware mer awer nach net sou wäit, mee dat wäert och nach dëst Joer geschéien, datt mer Etüde maachen, well do geet et och ab 2028 e bësse virun. An dann déi Etüd vun de Besoins de sites scolaires, dat ass net dat, wat déi Firma virdru gemaach huet. Hei geet et wierklech drëms, Dir wësst, datt mer mussen eng Mise en conformité maache vun eise Schoulgebaier. Si ginn elo pro Gebai, mir hunn hinnen dräi Gebaier genannt, si ginn do kucken, wéi vill Capacitéit hu mer nach am Gebai, wat musse mer ëmbauen, wat muss gemaach ginn, also dat ass éischter pro Gebai, et ass net pro Quartier, well ech mengen, do hu mer jo awer fir Baltzeng hu mer

d'Etüd, NeiSchmelz hu, do wësse mer souwisou d'Etüd, et ass elo hei éischter pro eenzelt Gebai, wéi vill misste mer bäibauen an net iwwer de ganze Quartier gekuckt.

Da just nach d'Aarbechten am Brill: Wou si mer drun? Also, ech war virun engem Mount am Brill - d'Madamm Thoma lauschtert elo net no - ech war virun eng Mount am Brill, ech war uewenop an do ass alles renovéiert, bal alles fäerdeg ausser de Lift, deen nach muss gesat ginn. Dat ass fantastesch. Also, ech freeë mech do wierklech fir déi Kanner, datt déi esou eppes Flottes do gemaach hunn.

De Pedibus, dat war och eng Fro, déi Dir gestallt hutt. Also, do ass et esou, datt mer elo mol op Käl kucke waren, déi hunn de Pedibus, déi hunn eis e bëssen hire Projet virgestallt. Mir hunn och mol éischt Kontakter opgeholl, wou mer elo mol Devise kruten, an da musse mer kucken, do wëlle mer progressiv virugoen, also pro Site elo mol probéieren, éischt Tester maachen an da kucken, wéi geet et weider. Mee mir sinn do drun a mir wäerten och beim Budget warscheinlech do lech d'Presentatioun maachen, wéi mer do géife weiderfueren.

Den Här Meyer hat nach gefrot gehat an dat hunn ech scho beäntwert, Kanner, déi de ganzen Dag an enger Maison Relais sinn, jo, dat huet wierklech awer ëmmer domadder ze dinn, datt d'Leit, och eenzel Monoparentallen, déi mussen an d'Stad schaffe goen, déi hu keen anere Choix. Jo, dat läit wierklech do drun.

Wibbel, dat hat d'Madamm Spagnuolo gefrot, also, ech hunn op alle Fall elo nach keng Demande virleien, datt dat soll kommen, datt do méi Personal soll kommen, mee ech mengen, si hunn dat awer am Grëff, a wann si méi Personal bräichten, da maachen si och d'Demande. Voilà, dat war et elo vu mir. Den Här Michel huet gesot wann een den Undrang gesäit, mir hunn net vill Wiessel bei eisem Léierpersonal an den Undrang op Diddeleng war enorm dës Kéier, sou datt ech mengen, datt mer hei eng gutt Aarbecht maachen. Voilà.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries. Ech kucken eng Kéier an d'Ronn, sinn all Är Froe beäntwert ginn? Deementspriechend géing ech da jiddwerengem villmools Merci soen, dass Dir lech déi néideg Zäit geholl hutt an dat alles esou genau erkläert hutt. Da géing ech eis provisoresche Schoulorganisatioun zum Vott stellen: Wien ass dofir? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech Merci an da komme mer op de nächste Punkt.



## 3. APPROBATIOUN VUN DER KOMPLEMENTARER HAUSUERDNUNG VUN DER SCHOUL DEICH

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Dëse Punkt, dat ass de Règlement d'ordre intérieur complémentaire vun eiser Schoul Deich, an do ginn ech dann emol dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, dat ass eigentlech éischter eng kleng Ännerung vum Règlement d'ordre intérieur. Dat ass um Deich, déi wëllen hiert Règlement änneren, well si hunn „Téléphones portables" drastoen, mee mëttlerweil huet jo jiddwereen alles vun der Auer bis zum Computer an der Täsch, dofir froen se hei „Tous appareils électroniques", datt dat net erlaabt ass. Voilà, dat ass am Fong déi eenzeg Ännerung. Mir haten dat och an der Schoulkommissioun. Ech mengen, do ginn et elo net vill Froen dozou.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Voilà, sinn do Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dann och dat doten zum Vott. Wien ass dofir? ***Dat ass unanime***, ech soen lech da Merci dofir. Merci och emol dem Erni Hoffmann, deen eis elo hei verlooss huet. Merci fir seng Zäit a säin Asaz. An dann zum Punkt 4.



# 4. RESOLUTIOUN FIR ENG MÉI DEMOKRATESCH VERDEELUNG VUN DE MEMBERE VUN DER SCHOULKOMMISSIOUN, AGEREECHT VUN DE PARTEIEN DÉI LÉNK AN DP

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): An dann zum Punkt 4, eng nei Joint Venture. Ech gi mol dovunner aus, dass se temporär ass. D'DP mat deene Lénken zesummen hunn eng Resolutioun eragereecht. Ech weess net, wee vun deenen zwee elo d'Wuert wëllt ergräifen. D'Madamm Thoma huet d'Wuert, fir e puer Erklärungen ze ginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, Här Spina. Jo, aussergewéinlech Zäite brauchen heiansdo aussergewéinlech Moossnamen an Joint Ventures, sou dass effektiv mir als déi Lénk haut zesumme mat der DP eng Resolutioun wëllen dem Gemengerot virleeën iwwer d'Besetzung vun der Schoulkommissioun. Et ass esou, dass d'Schoulkommissioun eng obligatoresch Kommissioun ass, där hir Besetzung am Gesetz festgeluecht ass. Dat heescht, et gëtt ee President respektiv eng Presidentin, da gëtt et eng gewëssen Unzuel u Vertrieder vum Schoulpersonal an och déi selwecht Unzuel un Elterevertrieder. A d'Zomm vun deenen zwee, Eltervertrieder a Schoulpersonal, déi ergëtt dann och d'Unzuel u politesche Vertrieder, also deenen, déi vum Gemengerot eigentlech genannt ginn an d'Schoulkommissioun.

Zu Diddeleng ass dat aktuell esou, dass mer dräi Vertrieder vum Schoulpersonal hunn an dräi Elterevertrieder, doduerch ergëtt sech dann, dass sechs Vertrieder vu politesche Parteie vum Gemengerot genannt goufen. Dat ass eigentlech ganz praktesch, well hei am Gemengerot sinn och sechs politesch Fraktiounen, dat heescht, do kéint ee soen, dat geet jo da relativ gutt op.

Mee de Moment ass et awer esou, dass net all politesch Fraktioun vertrueden ass. Am September hu mer esou genannt, dass d'LSAP dräi Vertrieder huet an der Schoulkommissioun, d'CSV huet zwee Vertrieder, déi Gréng hunn ee Vertrieder an déi Lénk, d'DP an d'ADR, déi hunn alleguerten e Membre observateur, dat ass säit 2017, deemools war d'DP nach net hei vertrueden, do war scho gesot ginn, dass déi Lénk an d'ADR kéinten e Membre observateur hunn.

Deemools ware mer och net rosen doriwwer. Mir waren eigentlech frou, well een dann zumindest awer kann un der Diskussioun deelhuelen, well een zumindest dann awer kann d'Informatiounen an d'Diskussiounen och an der Schoulkommissioun matkréien. Doriwwer si mer natierlech ganz frou. Allerdéngs huet e Membre observateur awer kee Stëmmrecht an der Kommissioun an an der Diskussioun, an, zweete Punkt, vläicht e bëssen niewesächlech, mee e kritt och kee Jeton, sachant, dass awer fir d'politesch Fraktiounen, ech mengen, dat weess jiddereen hei, d'Jetonen eng ganz wichteg Finanzéierungsquell fir d'Sektioune sinn. Ech hunn et scho gesot, am September hu mir déi aktuell Opdeelung matgestëmmt, och mat deenen dräi, zwee, ee Vertrieder, well dat zum engen och virdrun esou war a well dat, Dir wäert et verstoen, déi éischt richteg Sitzung vum Gemengerot war, wou mer och elo agesinn hunn, dass dat vläicht net dee richtege Moment war, fir eng allgemeng Debatt ze féieren, an dowéinst wollte mer awer da fir haut profitéieren, fir eng Kéier eng Debatt doriwwer ze féieren an eeben en demokratesche Prinzip unzewenden, nämlech deen, dass all Partei, déi am Gemengerot vertrueden ass, och soll kënnen an all Kommissioun vun der Gemeng vertruede sinn.

Jo, d'Schoulkommissioun, déi ass speziell, d'Unzuel vun de Politiker ass limitéiert, mee an eisen Aen ass dat awer keen Argument fir deen demokratesche Prinzip, dee mer jo soss an all eise Kommissiounen eigentlech hunn, opzeginn. Wéi ech et scho gesot hunn, déi aktuell Opdeelung, déi géing et ganz einfach erlaben, einfach dass all Partei ee Vertrieder kéint an d'Schoulkommissioun nennen, wéi dat iwwregens och an anere Gemengen de Fall ass. Ech hu mech do e bëssen informéiert. Ech ka mer elo virstellen, dass d'Argument kënnt, dass awer d'LSAP als Majoritéitspartei wëllt eng Majoritéit och hunn an der Schoulkommissioun. Dat kann ech zum enge verstoen, zum anere muss een awer do, mengen ech, soen, éischtens, dass d'Schoulkommissioun wéi all déi aner Kommissiounen och eng reng konsultativ Kommissioun ass, dat heescht, do wäert och elo net kënnen eng Majoritéit iwwerdeppert gi vun enger Oppositioun, fir dat elo mol als Beispill ze huelen, well et ass ëmmer just eng konsultativ Kommissioun.

Ech war nach ni an der Schoulkommissioun, ech hu mer awer soe gelooss, dass et ganz seele bis ni zu Kampfofstëmmunge kënnt an där Kommissioun, an dass virun allem och d'Vertrieder vun de politesche Parteien eigentlech ëmmer am Konsens mateneen do erausginn. Aktuell huet just niewelaanscht d'LSAP och keng Majoritéit an där Kommissioun, vu dass et jo dräi-zwee-eent ass, an och an anere Kommissiounen net, soudass mer mengen, dass dat eigentlech kee Problem dierft duerstellen, fir dann och déi dräi Fraktiounen, déi de Moment net vertruede sinn, mat eranzehuelen.

An am Gläichbehandlungsprinzip vun alle Parteie wollte mer eeben dann haut proposéieren, dass mer géingen eng nei Verdeelung hei stëmmen, no där dann all Partei, wéi ech et scho gesot hunn, ee Member, ee Vertrieder an der Schoulkommissioun géing kréien, wat zum engen einfach den demokratesche Prinzip géing verstäerken an ech mengen och zum aneren, einfach eng Opwäer-

tung wier vun der Aarbecht vun deene Leit, déi awer elo scho säit e puer Joer zum Deel och als Observateur an där Kommissioun sinn, déi do aktiv matschaffen an, voilà, dat géing dat dann och e bëssen opwäerten. Voilà, dat wier d'Resolutioun. Ech weess net, ob d'DP eppes wëll dobäi fügen? Ech ginn dem President mol erëm d'Wuert. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, Merci mol dofir. Här Meyer, wëllt Dir do eppes dobäi fügen?

MARC MEYER (DP): Jo, Merci fir d'Wuert, just ganz kuerz. Also ech mengen, d'Madamm Thoma huet alles hei tipptopp erkläert, deem ass näischt bäizefügen. Ech géif mech natierlech iwwer eng Zoustëmmung vun allen anere Parteien, déi hei present sinn, freeën, fir dass mer och an där doter Kommissioun eeben do gläichberechtegt sinn. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci. Da maache mer mol d'Ronn op, wat déi aner dozou soen, éier ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries  d'Wuert ginn. Madamm Spagnuolo.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci fir d'Wuert. Mir ënnerstëtzen natierlech och d'Resolutioun zur Commission scolaire vun deene Lénken an der DP a mir fannen et demokratesch a richteg, datt all Partei, déi am Gemengerot vertrueden ass, och en Effektif an der Commission scolaire huet. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci dofir, d'Madamm Kayser wannechgelift.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):  Jo, Merci och fir d'Wuert. Mir ënnerstëtzen dat do och absolut a mir fannen et nëmmen demokratesch an och ganz normal, dass déi Parteien, déi am Gemengerot sinn, och e gläichwäertege Representant hunn an der Schoulkommissioun an et ass effektiv och, wéi Dir gesot hutt, dat mam Jeton, dat kléngt elo e bëssen, wéi wann Dir elo géift dobäi gär wëlle Geld maachen, mee et ass einfach esou, et ass, wéi Dir gesot hutt, dat ass och eppes, dat wichteg ass fir d'Parteien, dat gehéiert zur Finanzéierung derzou an et muss ee soen, awer och eng Schoulkommissiounssitzung, dat sinn awer zwou Stonnen, wou een sech muss fräimaachen an och, et mécht een et net wéinst dem Jeton, mee et ass awer, wéi soll ech soen, eng Estimatioun vun deem Engagement, deen ee mécht.

An et ass och richteg, wéi d'Madamm Thoma gesot huet, dass mer effektiv ganz selten eng Kampfdiskussioun hunn, et ass virun allem ëmmer eng informativ Kommissiounssitzung, déi ganz, ganz wäertvoll ass. An ech mengen, wa mer elo kucken, wéi vill Stonne schwätze mer elo hei iwwer d'Schoulorganisatioun, wann s de elo zum Beispill do guer net zougelooss wiers oder guer net kéints do matschwätzen als Member vum Gemengerot, ma jo, da kéints de guer net matdiskutéieren an et geet jo awer ëm d'Zukunft vun eise Kanner, et geet ëm eis Schoulen, et geet ëm de SEA-Beräich an ech denken, dass dat nëmme normal ass, dass do all Fraktioun gläichwäerteg vertrueden ass.

A mir als CSV, mir hunn och kee Problem, ee vun eise Memberen, déi bis elo an der Kommissiounssitzung waren, an der Schoulkommissioun waren, ofzetrieden un ee vun deenen anere Memberen hei aus dem Gemengerot, un déi aner Parteien aus dësem Gemengerot, ausser wann, wéi gesot, awer nach kéint eng Opstockung kommen. Ech weess net genau, wéi dat méiglech ass. Ech hat d'Gesetz net genau gelies, ob dat wierklech esou strikt ass, ob d'Unzuel fixéiert ass, mee ech mengen, do ka jo eise Schäfferot eis do nach vläit eppes weider soen. Mir ënnerstëtzen dës Resolutioun eebe voll a ganz.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, Madamm Kayser, den Här Steffen huet d'Wuert, wannechgelift.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert, ech géing mech deem uschléissen, wat d'Madamm Kayser gesot huet. Ech ka mech net uschléisse mat enger Plaz an déi zur Verfügung stellen, well mir hu just eng.

Bei deem ganzen anere Rescht vum demokratesche Prozess ginn ech hir natierlech Recht. Soss, vun déi Lénk a vun der DP, den ADR hat elo an der lescht ganz schwiereg Positiounen, alles wat d'Educatioun betraff huet, notamment, mir hunn iwwer de Projet Zesumme wuesse geschwat, vläit géing dat jo och hëllefen, dass se sech da géingen an déi Matière méi eraschaffen an do verschidde Saachen anescht duerstellen. Dat heescht, vun eis hätten se och d'Ënnerstëtzung.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, Här Steffen. An da géing ech d'Wuert dem Josiane Di Bartolomeo-Ries ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Dir waart elo all gespaant op dat wat ech soen, an ech wäert mat Sécherheet net soen, datt mir mussen d'Majoritéit behalen. Also dat ass mol ganz kloer. Ech wëll awer e bëssen dat Ganzt auseneenhuelen, net elo einfach nëmme soen, Jo, Neen. Am Joer 2017, wéi ech an d'Schäfferot komm sinn, souze mer als Fraktiounen alleguer zesummen an do hu mer bësse gekuckt, wéi mer eis Saachen opdeelen, wéi mer och ëmginn a wie  wou wat fir ee Sëtz kritt. Ech wëll awer och hei rappeléieren, dass mer elo am Juni 2023 och erëm eng Kéier zesummesouzen, wou mer gesot hunn, hei, mir deelen d'Kommissiounen esou op, jiddweree kritt dee Vertrieder a kritt dee Vertrieder, an ech mengen awer, datt zu deem Zäitpunkt, also dat ass emol nach kee Joer hier, war jiddwereen domadder averstanen an et huet jiddweree gesot, Jo, dat ass richteg, dat ass gutt, ech mengen och d'CSV, déi war frou och iwwer dat wat mer gesot hunn, och wéi Dir, do huet keen eppes gesot.

Bon, ech verstinn, Dir sot, mir sinn nëmmen Observateur, mir hu kee Stëmmrecht, mir kréie kee Jeton. Den Observateur huet awer genau d'Recht, wéi all aneren, och matzeschwätzen an der Schoulkommissioun. An ech hunn dat, ech mengen, den Här Ferrari kann dat bestätegen, mir hate säit 2017, säit ech Presidentin sinn, hate mer zwee Votten. An dat ass zweemol ëm den C1 gaang an dono kann ech mech déi lescht Joer net erënneren, datt mir nach iergendee Vott ge-

holl hunn. An et ass genau, wéi Dir gesot hutt, mir diskutéieren an der Schoulkommissioun. An normalerweis gi mer jo dann eraus a mir sinn enger Meenung oder mir passen eis un. Ech mengen, ech erënneren un d'Diskussioun Lenkeschléi, dat waren 8 Joer, mir sinn herno zesumme geschlossen erausgaange mat 4 Joer. Do hu mer kee Vott gebraucht. Dofir fannen ech esou den Droit de vote, dat ass eppes, wou ech soen, mir huelen eigentlech keng Votten. An Dir sot jo selwer, et ass nëmmen eng Commission consultative. An de Vott iwwert dat, wat mir decidéieren an der Schoulkommissioun, dee gëtt am Gemengerot gemaach an net an der Schoulkommissioun. Mir kënnen och en Avis ginn, mir ginn en Avis of, an dee ka jo och heiansdo dann duerch eng Ofstëmmung sinn, mee nach ass de Conseil communal, an ech mengen do sëtzt Dir, Madamm Thoma, do sëtzt Dir dran, och d'Madamm Spagnuolo an den Här Meyer, Dir huelt herno d'Decisioun. Et ass net d'Schoulkommissioun, déi d'Decisiounen hëlt.

Da kann ech awer verstoen, wann ee seet, jo, et ass zäitopwenneg. D'Schoulkommissioun ass extreem zäitopwenneg. Ech mengen, och d'Preparatioun fir jiddwereen, dee mat do schafft, fir deen ass dat zäitopwenneg. Dofir, also, Droit de vote, ech fannen elo ..., well da fänke mer un, déi ganz Diskussioune vun de Kommissioune erëm opzemaachen, d'Propositioun war, datt Dir sollt Observateur sinn, datt Dir sollt e Vertrieder an der Schoulkommissioun hunn a mir géife proposéieren, mir ginn ech ganz gär, dem Observateur, e Jeton, deen huet genau d'Recht wéi all anere Member matzemaachen, mee mir maachen awer net eng Decisioun, déi mer eigentlech zesummen hei geholl hunn, virun engem Joer, erëm ganz op. Wa mir d'Schoulkommissioun opmaachen, da kréie mer nach méi Elterevertrieder a mir sinn herno e risege Waasserkapp.

Ech mengen, mir sinn elo schonn dës ëfteren zu 20. Den Erni Ferrari kann dat bestätegen. Ech verstinn, an der Rei, Dir sot, mir sinn nëmmen Observateur, mee fir mech ass dat e vollwäertege Member a Votte kann ech mech net erënneren, datt mer geholl hunn, awer selbstverständlech, mir proposéieren, Iech e Jeton ze ginn als Observateur. Ech mengen, dat wär elo eis Propos. Voilà.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci mol dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. A voilà, wéi gesot, et ass eng konsultativ Kommissioun. D'Votten, d'Decisiounen, déi ginn herno hei geholl. Dofir wier elo hei d'Propos fir da fir deen Zäitopwand an déi Aarbecht an deem Sënn dann de Jeton ze gi fir Iech entgéintzekommen. Ech verstinn e bëssen d'Problematik. Also, esou aussergewéinlech sinn d'Zäiten och elo net, dass elo hei eppes ganz Schlëmmes misst geschéien, fir eppes op d'Kopp ze geheien, wat jorelaang awer exzellent fonctionéiert huet. Ech mengen, et dierf een dat och elo net ze vill dramatiséieren. Deementspriechend wier dat elo d'Propos vum Schäfferot. Ech weess elo net, ob vläicht nach een eppes wëllt dozou soen? Madamm Martine Kohn.

MARTINE KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Jo, ech wollt nach just eng Kéier d'Stellungnam huelen dann och vun eiser Fraktioun. Ech mengen, eis Fraktioun, dat ass esouwuel eis Memberen am Schäfferot an och eis Gemengeconseilleren an am Numm vun der ganzer Fraktioun wëll ech just soen, datt mer hannert der Propos sti vum Schäfferot oder vun der Madamm Di Bartolomeo-Ries, a mir fannen, datt dat eng ganz konstruktiv Propos ass a mir gesinn och do absolut ... mir verstinn dat Argument, datt een einfach muss kucken, datt d'Sektioune fonctionéieren, datt een sech iergendwéi finanzéiert, déi Aarbecht organiséiert an ech mengen, dofir ass dat, wat elo um Dësch läit, eppes wat mir duerchaus verstinn a wat mer och ënnerstëtzen, mee mer verstinn awer och d'Argumenter vum Josiane Di Bartolomeo-Ries fir dee Kompromëss, deen elo hei virläit, esou ze handhaben, dofir stelle mer eis voll a ganz do derhannert. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, Madamm Kohn. Wëllt nach een eppes dozou soen? Ech ginn dovun aus. Jo, Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Bon, ech si jo drop agaangen, firwat mer déi Opdeelung am Juli oder September esou matgedroen hunn, well mer geduecht hunn, dat wär net dee richtege Moment. Ech léieren dann, oder, respektiv ech ginn dat dann och weider, dass mer fir d'Zukunft léieren, dës Kéier hat jo d'Madamm Kayser schonn d'Fro opgeworf vun de Presidenten an de Kommissiounen, da wäerte mer déi dote Fro dann och a 5 Joer nach eng Kéier bei der nächster éischter Reunioun vum Gemengerot opwerfen.

Fir de Rescht, et ass gesot ginn, et gi keng Votte gemaach, also ass et jo egal, mee wann et jo egal wier, da kéint ee jo och eng gläichméisseg Verdeelung maachen. Ech mengen elo verstanen ze hunn, dass de Problem ass, dass vläicht d'Parteien net wëllen déi Memberen, déi elo scho genannt sinn, dann der do zwee erëm eraushuelen an erëm sträichen. Dat kënne mer och zu engem gewëssen Deel novollzéien, sou dass mir da mat deem Kompromëss kéinte liewen an dann déi Fro a 5 Joer nach eng Kéier opwerfen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci dofir. Här Meyer, wollt Dir nach eppes soen?

MARC MEYER (DP): Jo, ech wëll op alle Fall der CSV awer Merci soen, dass si bereet gewiescht wären, fir op ee Posten ze verzichten. Dat bedeit mär op alle Fall ganz vill. Ech wëll awer och der Madamm Di Bartolomeo-Ries Merci soen, dass se de Message verstanen huet, nämlech och d'Valorisatioun vun der Aarbecht vun alle Leit, déi do sëtzen. A fir eis wier dee Kompromëss dann och ganz OK. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, da géing ech Iech alleguerten op jidde Fall villmools Merci soe fir déi Kompromësser, déi mer dann elo hei fonnt hunn an dann déi, déi da bei deenen nächste Wale gewielt ginn, déi dierfen sech dann eventuell domadder befaassen. Elo vläicht nach zur Resolutioun: Haalt Dir se oprecht oder zitt Dir zeréck? Soss musse mer se jo dann eeben acceptéieren oder rejetéieren als Gemengerot.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ma ech mengen, also wann dat elo offiziell ass, dass dee Kompromëss do gehale gëtt, da kënne mer d'Resolutioun zeréckzéien.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Gutt, da géing ech proposéieren, dass mer dat esou festhalen. D'Resolutioun vun der DP a vun de Lénke gëtt zeréckgezunn a mir halen da fest, dass déi Observateuren och an Zukunft dann e Jeton kréien. Merci op jiddwer Fall dofir. Domat si mer am Fong geholl mat deem ëffentlechen Deel vun eiser Sitzung fäerdeg a ginn eriwwer an de Huis clos. •

# CITY APP DUDELANGE

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

NEW VERSION




DOWNLOAD

App Store

Google Play

**LA CITY APP DE LA VILLE DE DUDELANGE FAIT PEAU NEUVE**
Maintenant encore plus rapide, plus informative et plus conviviale.

**DIE CITY APP DER STADT DÜDELINGEN IM NEUEN LOOK**
Jetzt noch schneller, informativer und benutzerfreundlicher.

21. Butschebuerger

# Buergfest

## 14 & 15 Sept. • Dudelange



Infos

www.buergfest.lu

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

INTERESSE-VERÄIN QUARTIER BUTSCHEBUERG

SYNDICAT D'INITIATIVE ET DU TOURISME DUDELANGE

RTL

Tageblatt

Le Quotidien

Eldoradio

RADIO DIDDELÉNG

TICKET24.LU
WE SELL ENTERTAINMENT

SPUERKEESS